



DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

2 | 2025

BULLETIN
COMMUNAL



Coverfoto vum
Damaris,
am Zirkus Palace,
cf. Säite 66 bis 69.

Foto: Damaris



DËST STEET HEI DRAN

Virwuert

D'GEMENG LA COMMUNE

Gemengerot	5
Conseil communal	6
Zivilstand // État civil	8
Mir gratuléieren!	8
Interview mam Conseiller Mike Michels	10
Interview mam João Ferreira Nunes	12
Feier fir dem Pit Beckené seng Pensioun	13
Fréijoersiessen	14
Der Bau des neuen Gemeindehauses	16
Enquête sur le vivre ensemble dans la commune	18

SCHOUL & MAISON RELAIS ÉCOLE & MAISON RELAIS

Schoul	25
Maison relais	33

VERÄINER ASSOCIATIONS

Club des jeunes Christnach	37
Andamos	39
Turnveräin Ëmmer Fit	40
D'Aeromodelliste vu Chrëstnech	42

KULTUR A GESCHICHT CULTURE ET HISTOIRE

Lëtzebuerg, Kräizpunkt vu	
Sproochen a Kulturen: Deel 3	47
De Pierre Joris ass dout	52
Société préhistorique luxembourgeoise	54
Gespréich mat de Kënschtler aus	
eiser Gemeng : Lara Gerson	58
Uergelfrënn Waldbëlleg:	
In Memoriam Alan Carlisle (1948-2020)	59
Waldbëlleger Musek	62
Musekschoul	64
Zirkus am Duerf	66
Legenden aus dem Mëllerdall	70

3

LIEWEN AN DER GEMENG VIE RURALE

D'Populatioun vun der Gemeng Waldbëlleg	73
Bam fir déi neigebuere Bierger	76
Kannerfuesbal zu Waldbëlleg ënner dem Motto „Zirkus“	77
Par Mëllerdall St. Méchel	78
Éischt helleg Kommoun zu Waldbëlleg	80
Buerger an der Gemeng	83
Buergebrennen zu Haler	84
Bummelbus	86
D'Freckeisener Distillerie	87
Den Natur- & Geopark Mëllerdall an der Ëmfro!	88
D'Heinzelmännercher	89

KLIMAPAKT AN NATURPAKT PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE

Waldbillig accélére sa transition vers	
une communauté intelligente	91
GoGo VELO 2025	92
WeBuySocialEU	93
Strom teilen	94
Lachgas	95
Protégeons nos amphibiens	96
Natur&ëmweelt Sektoun Mëllerdall	97
Kleng Schrëtt: Nohalteg Ernährung	98
Neues EU-Energielabel:	
Ab Juli 2025 auch für Wäschetrockner	101

WAT ASS LASS? QUE FAIRE ?

Agenda	103
Labomobile	103
Nationalfeierdag 2025	104
Restaurants a Caféën	106
Akafen an der Gemeng Waldbëlleg	107

VILL FREED BEIM LIESEN!
BONNE LECTURE !



*Vu lénks: Yolande Kirsch, Marc Barthelemy, Isabelle Oberlé, Susanne Hangarter, Luc Friedrich, Corinne Meyers
Foto: Monsieur Moine, Restaurant um Golf*

Impressum

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé, a Karin Enser fir d'Korrekturen
 Reegelméisseg Fotoen: Damaris Pletschette, Olivier Glod, Georges Koster
 Hëllef op der Gemeng: Martine Dimmer, Joëlle Duschang, Andrée Henx-Greischer, Filipe Soares, David Sonnetti

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
 Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.
 Responsabelen Éditeur: Gemeng Waldbëlleg

*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vun den Auteurs aus a ginn ënnert hirer Responsabilitéit publizéiert.
 Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae gi mat si/se bezeechent.*

VIRWUERT

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

mat neien Iddien a Projeten hu mir d'Joer 2025 ugefaang.

Hei fannt Dir e klengen Abléck an eis Aarbechte vun de leschte Méint.

Um Gemengegebai sinn d'Ausbauarbechten amgaang. Mir haten zwou Reunioune mat de Bierger, fir d'Baussenanlage vun der Gemeng ze gestalten, woubäi flott Iddien entstane sinn, déi an de Projet erafléissen. Et ass geplangt, dass d'Administratioun am Fréijoer 2026 nees op Waldbëlleg plënnert.

De Projet vun der Vergréisserung vun der Schoul geet och gutt weider. Dat neit Gebai steet, d'Fënstere sinn agebaut an elo lafen d'Aarbechte vum Bannenausbau. Mir ginn dervun aus, dass déi nei Säll fir den Ufank vum nächste Joer genotzt kënne ginn.

D'Aarbechte vum Bau vun neien Tribüne mat Buvette a Veräinssall um Fussballsterrain zu Chrëschtnech si bal ofgeschloss.

D'Verlinke vun de Quellen Häerebur a Schéissendëmpel ass ofgeschloss, dëst erméiglecht eis eng ofgeséichert Waasserversuergung. Déi nächst Etapp a Punkto Waasserprojet ass d'Erneiere vun der Drockleitung zwëschent dem Mëllerdall a Waldbëlleg.

Am Mëllerdall ass de Chantier vun der Bëlleger Baach och bal fäerdeg. Um fréiere „Camping Kimmes“ realiséiere mir an Zesummenaarbecht mam Syndicat d'initiative et de tourisme vun eiser Gemeng eng Camperstellplaz. Mir plange weider Parkméiglechkeeten, well de Mëllerdall

esou staark besicht ass. Mir participéieren un de Workshops betreffend den CR121 a setzen eis a fir d'Sécherheet vun de Passanten. Vum Hotel Cascade gouf eng Levée gemaach, fir dass mir genau Pläng kréien op Basis vun deene mir da schaffen a plange kënnen.

Eng Levée gouf och vum Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech a vum Schoulhaus zu Haler realiséiert. Op deenen zwee Sitten ass am Kader vum Pacte logement geplangt, abordable Wunnraum ze schafen.

D'Gemeng huet e Compromis de vente mat de Propriétaire vum Camping Cascade ënnerschriwwen, den um Instanzewee ass. An nächster Zäit soll den Akt beim Nottär ënnerschriwwen ginn.

Den David Sonnetti wiesselt op eng aner Gemeng, méi no bei sengem Doheem. Mir soen him Merci fir déi sechs Joer gutt Zesummenaarbecht am Déngscht vun eiser Gemeng. Am Service vun de Baute kritt de Filipe Soares e Beamte bei sech, fir him zu Hëllef ze goen.

E ganz grouse Merci geet un d'Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, un d'Gemengepersonal, de Fierschter, d'Kommissiounen, d'Veräiner, un d'Léierpersonal an d'Personal vun eise Betreuungsstrukturen an un all déi, déi duerch hire Beitrag derzou bäidroen, dass et sech an eiser Gemeng esou gutt zesummeliewe léisst!

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liese vum zweete FUUSS fir 2025!

Äre Schäfteer

**D'Adress vun der Gemeng:
7, Fielserstrooss, L-7640 Chrëschtnech**

D'GEMENG // LA COMMUNE



Foto: Damaris

GEMENGEROT

Vun de Sätzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet.

D'Audio-Opname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite www.waldbillig.lu fir sechs Méint gespäichert, an der Rubrik **Quotidien** mam Titel **Séance du conseil communal**.

GEMENGEROTSSÄTZUNG 2025/1

Sëtzung vum Donneschden, 27.02.2025

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
 // MEYERS Corinne,
 // TOBES Romain, Schäffen,
 // BERENS Christian,
 // BOONEN Serge,
 // GOEDERT Jeannot,
 // KIRSCH Yolande,
 // MICHELS Mike, Conseilleren,
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// De Conseiller BENDER Maxime huet dem Schäffen TOBES Romain eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ze stëmmen.

Dagesuerdning

Net ëffentlech Sëtzung

2025-02-01 Nominatioun vun engem
 Gemeindebeamten (m/w) am
 Gehältergrupp B1, administrativen
 Ënnergrupp.
 2025-02-02 Entscheedung iwwer d'Klassement vun
 engem Gemeindebeamten (m/w).
 2025-02-03 Vergi vum Titel „Éierereceveur“.

2025-02-04 Entscheedung iwwer d'Ausbezuue vum
 enger Primm fir en drëtten Aarbechter
 vum Service technique am Fall vun
 enger Interventioun am Wanter fir de
 Streedéngscht.

Ëffentlech Sëtzung

2025-02-05 Bewëllegung vun engem Kafvertrag.
 2025-02-06 Bewëllegung vun engem Verkafsakt.
 2025-02-07 Aktualiséierung vun de
 Grondprinzipien iwwer d'nohalteg
 Entwécklung vun der Gemeng
 Waldbëlleg am Kader vum Klimapakt
 2.0.
 2025-02-08 Aktualiséierung vun den Norme fir
 d'Konstruktioun an d'Exploitatioun vun
 de Gemeengebaier an d'Entwécklung
 vun der Gemeng am Kader vum
 Klimapakt 2.0.
 2025-02-09 Ufro, fir datt e Kand, wat net an der
 Gemeng wunnt, kann hei an d'Schoul
 goe fir d'Schouljoer 2025/2026.
 2025-02-10 Konventioun mam gemeinsamen Office
 social an der Fiels fir d'Joer 2025.
 2025-02-11 Subsidufroen.
 2025-02-12 Verschiddenes.

De Gemengerot:

1. ernennt eestëmmeg d'Madamm Sonia Dahm op de
 Poste vum Gemeengebeamten am Gehältergrupp B1,
 administrativen Ënnergrupp, an dëst op begrenzten
 Zäit vun engem Joer vum 01.03.2025 un,
2. bewëllegt eestëmmeg d'Entscheidung fir e Klassement
 vun engem Gemeengebeamten,
3. entscheet eestëmmeg, den Här Pierre Beckené mam
 Titel vum Éierereceveur ze honoréieren,
4. approuvéiert eestëmmeg d'Aféiere vun enger Primm,
 déi pro Interventioun un en drëtten Aarbechter
 vum Service technique ausbezueelt gëtt, fir de
 Wanterdéngscht ze assurieren,
5. gëtt eestëmmeg säin Accord fir de Compromis de
 vente fir d'Parzelle vun de Propriétaire vum Camping
 Cascade, dorënner den Terrain vum Camping selwer,
 zwee Wunngebaier a weider Terrainen am Mëllerdall
 vun am Ganzen 399,03 Ar, fir den allgemengen Zweck,

6. accordéiert eestëmmeg den Nottärsakt fir de Kaf vu verschidde Parzellen zu Waldbëlleg an am Mëllerdall, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Waldbëlleg, mat enger Fläch vun 527 Ar an 4 Zentiar,
7. approuvéiert eestëmmeg d'Aktualiséierung vun den Haaptprinzipie vun der nohalteger Entwécklung vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Klimapakt 2.0,
8. approuvéiert eestëmmeg d'Aktualiséierung vun de festgehalenen Norme fir d'Bauen an d'Notze vun de Gemeengegebaier an d'Entwécklung vun der Gemeng am Kader vum Klimapakt 2.0,
9. bewëllegt eestëmmeg d'Ufro, datt ee Kand wat net an der Gemeng wunnt an d'Konditiounen vum Schoulesgesetz erfëllt, während dem Schouljoer 2025/2026 an de Cycle 2 vun der Grondschoul zu Waldbëlleg goe kann,
10. approuvéiert eestëmmeg d'Konventioun vum gemeinsamen Office social aus der Fiels fir d'Joer 2025, déi d'Organisatioun sou wéi och de Financement vun den Aktivitéite vum genannten Office social duerch seng Membersgemenge reegelt,
11. entscheet eestëmmeg, den heiten Associatiounen e Subside an Héicht vu 75 € zouzespriechen:
 - Unicef fir all Kand
 - FÉBLUX – Fir ëffentlech Bibliothéiken, Lëtzebuerg asbl
 - Stroossenengelen
 - Fir d'Kanner a Latäinamerika

CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS. Il n'existe pas de rapport intégral des discussions.

Les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site www.waldbillig.lu pendant six mois, sous la rubrique **Quotidien** avec l'intitulé **Séance du conseil communal**.

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL

Séance du jeudi 27.02.2025

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
 // MEYERS Corinne,
 // TOBES Romain, échevins,
 // BERENS Christian,
 // BOONEN Serge,
 // GOEDERT Jeannot,
 // KIRSCH Yolande,
 // MICHELS Mike, conseillers,
 // DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// BENDER Maxime, conseiller, a donné procuration à TOBES Romain pour voter en son nom.

Ordre du jour

Séance à huis clos

2025-02-01	Nomination d'un employé communal (m/f) dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif.
2025-02-02	Décision de classement d'un employé communal (m/f).
2025-02-03	Décernement du titre de receveur communal honoraire.

2025-02-04 Décision portant sur une prime salariale payée par invention au 3e agent du service technique demandé à intervenir pour le service hivernal.

Séance publique

2025-02-05 Approbation d'un compromis de vente.
 2025-02-06 Approbation d'un acte de vente.
 2025-02-07 Actualisation des principes directeurs du développement durable de la commune de Waldbillig dans le cadre du Pacte climat 2.0.
 2025-02-08 Actualisation des normes fixées pour la construction et l'exploitation de bâtiments communaux et le développement communal dans le cadre du Pacte climat 2.0.
 2025-02-09 Demande de fréquentation d'un enfant non-résident de l'école fondamentale de Waldbillig, cycle 2 pour l'année scolaire 2025/2026.
 2025-02-10 Convention avec l'Office social commun à Larochette pour l'année 2025.
 2025-02-11 Demandes de subside.
 2024-01-12 Divers.

Le Conseil communal :

1. procède unanimement à la nomination de Madame Sonia Dahm au poste d'employée communale du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, à durée déterminée d'un an,
2. approuve unanimement la décision de classement d'une employée communale,
3. décide unanimement de décerner à Monsieur Pierre Beckené le titre de receveur communal honoraire de la commune de Waldbillig,
4. approuve unanimement la décision d'introduire une prime salariale payée par invention au 3e agent du service technique qui est demandé à intervenir pour le service hivernal,
5. marque unanimement son accord au compromis de vente pour des parcelles des propriétaires du camping Cascade, comprenant le terrain de camping, deux bâtiments à habitation et d'autres terrains sis à Mullerthal avec un total de 399,03 ares dans un but d'utilité publique,

6. décide unanimement de marquer son accord à l'acte notarié pour l'acquisition de différents terrains sis à Waldbillig et à Mullerthal, inscrits au cadastre de la commune de Waldbillig, d'une superficie de 527 ares et 4 centiares,
7. approuve unanimement l'actualisation des principes directeurs de développement durable de la commune de Waldbillig dans le cadre du Pacte climat 2.0,
8. approuve unanimement l'actualisation des normes fixées pour la construction et l'exploitation des bâtiments communaux et le développement communal dans le cadre du Pacte climat 2.0,
9. accepte unanimement la demande d'admission d'un enfant non-résident au cycle 2 de l'école fondamentale de Waldbillig pour l'année 2025/2026 pour laquelle les critères d'admission d'après la loi portant organisation de l'enseignement fondamental sont remplis,
10. approuve unanimement la convention de l'Office social commun de Larochette de l'année 2025, réglant l'organisation et le financement des activités de l'Office social par les communes membres.
11. décide unanimement d'accorder un subside d'un montant de 75 € aux associations suivantes :

- Unicef fir all Kand
- FÉBLUX – Fir Ėffentlech Bibliothéiken, Lëtzebuerg asbl
- Stroossenengelen
- Fir d'Kanner a Latäinamerika

ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

Gebuerten // Naissances

17.02.2025	Brinck Finn	<i>Chrëschtnech</i>
22.02.2025	Engel Tristán	<i>Haler</i>
15.03.2025	Boes Emma	<i>Waldbëlleg</i>
08.04.2025	Simon Thierry	<i>Waldbëlleg</i>
01.05.2025	Wohlfart Lina	<i>Chrëschtnech</i>

Pacs // Partenariats

30.01.2025	Van Luijk Nicolas Pieter & Kastner Michaela	<i>Chrëschtnech</i>
07.03.2025	Dias Da Cruz Sam & Rech Sabrina	<i>Waldbëlleg</i>

Hochzäiten // Mariages

25.02.2025	Gang Raphael Jacky & Feiereisen Carole Julie	<i>Waldbëlleg</i>
03.04.2025	Vitalis Daniel & Lethal Jessie	<i>Chrëschtnech</i>
04.04.2025	Tholl Steve & Havé Michèle	<i>Chrëschtnech</i>

MIR GRATULÉIEREN!



D'**Michaela Kastner** an den **Nicolas Pieter Van Luijk** vu Chrëschtnech sinn den 30. Januar gepacst ginn.



D'**Carole Julie Feiereisen** an de **Raphael Jacky Gang** vu Waldbëlleg sinn de 25. Februar bestuet ginn.



D'Lilly Tholl-Ruppert huet de 26. Februar hire 95. Gebuertsdag gefeiert. Si wunnt zu Haler an ass och do 1930 gebuer.



D'Sabrina Rech an de Sam Dias Da Cruz vu Waldbëlleg sinn de 7. Mäerz gepacst ginn.



D'Jessie Lethal an den Daniel Vitalis vu Chrëschtnech sinn den 3. Abrëll bestuet ginn.



D'Michèle Havé an de Steve Tholl vu Chrëschtnech sinn de 4. Abrëll bestuet ginn.

Fotoen: Gemeng Waldbëlleg

INTERVIEW MAM CONSEILLER MIKE MICHELS

Géift Dir Iech kuerz virstellen

Ech sinn de Mike Michels, 43 Jar, glécklech bestuet, stolze Papp vun engem klengen Bouf a wunnen zu Waldbëlleg. Ech schaffen iwwer 15 Joer am soziale Beräich a säit 2022 schaffen ech als Coordinateur vum Familljenhaus Norden, an der ambulanter Familljenhëllef vun „Arcus“. A menger Fräizäit verbréngen ech vill Zäit mat Famill a Frënn an dat am léifsten dobaussen ënnerwee duerch eis schéin Natur. Als gebiertege Bëlleger hat ech d'Chance och eng Zäit zu Haler an zu Chrëschtnech ze wunnen a sinn awer lo och rëm ganz frou am Duerfkär vu Bëlleg ze liewen.

Firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

A menger Kandheet an a menger Jugend war ech souwuel am Fussball, an de Pompjeeën, wéi och am Club des jeunes aktiv. Dëst aktiivt Veräinsliewen huet mir gewisen, wéi wichteg Engagement fir d'Allgemengheet ass. Dowéinst war et och logesch, datt ech mech iergendwann an der Gemeengepolitik engagéieren. Ech war schonn ëmmer un der Politik intresséiert, awer aktiv an der Gemeengepolitik ze schaffen, gëtt mir d'Méiglechkeet, mech fir meng Matmënschen anzesetzen. Duerch d'Aarbecht am Gemengerot kann ech meng Iddien a meng Virschléi fir



eng Weiderentwécklung vun der Gemeng och zum Deel realiséieren. Ech krut awer och duerch meng Elteren an aner Familljememberen Asaz fir Noperen a Frënn virgelieft.

Wéi eng politesch Dossierer leien Iech perséinlech um Häerz?

Duerch mäi Beruff a mäi Familljeliewe leie mir Schoul, Maison relais an eis Jugend ganz besonnesch um Häerz. Ech hoffen, datt mir zäitno eng Crècheoffer ab 6 Méint kënnen ubidden. Zesumme mat der Nordstadjugend wënschen ech mir, eis Offer un Aktivitéite fir d'Jugend



kënnen ze erweideren. Eis eeler Generatioun spillt eng wichteg Roll an eisem Duerfliewen a soll déi och weiderhi behalen. Duerch déi lescht Investissementer am Mëllerdall hu mir de Grondstee geluecht, fir den Tourismus an eiser Gemeng an an eiser Regioun nees opliewen ze loossen.

Soll eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen?

Bis lo hu mir als kleng Gemeng an Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschgemeine vill Projete ëmgesat an d'Fro stellt sech, wéi mir an Zukunft d'Cooperatioun wëlle gestalten. Ech maache mir Gedanken, ob een déi zukünfteg Ausrichtung vun der Gemeng net och kann an enger partizipativer Diskussioun mat de Bierger erausfannen. Ech géif et flott fannen, wann an Zukunft d'Awunner vun der Gemeng méi aktiv d'Liewen an der Gemeng kinnte matgestalten.


Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkten vun eiser Gemeng, firwaat lieft Dir gär do? Wat kéint besser sinn?

Als Landgemeng hu mir eng wonnerschöin Natur ze bidden, an do huet fir mech all Duerf säin eegene Charme. Wann ech vun der Aarbecht heemkommen, fillen ech mech am Mëllerdall einfach wéi an der Vakanz. Als Familljemënsch sinn ech frou, datt d'Gemeng eng qualitativ héichwäerteg Kannerbetreung a verschidde Fräizäitméiglechkeeten ubidd. Et freet mech och ze gesinn, datt an deene leschte Joren verschidde Commercen nees opgaange sinn oder nei entstane sinn. Ech wënsche mir, datt mir eis aktuell Projete esou séier wéi méiglech kënnen ëmsetzen, an datt déi néideg staatlech Instanzen ëmmer reaktiv mat un engem Strang zéien.



INTERVIEW MAM JOÃO FERREIRA NUNES

aus dem Service technique vun der Gemeng Waldbëlleg



Wou hutt Dir virdru geschafft?

Ech hunn 18 Joer am Privatsecteur geschafft, am Beräich vun der Carrosserie-Peinture. Fir d'lescht bei Mercedes am Garage Jean Wagner zu Dikrech.

Wat géift Dir Iech fir d'Zukunft an Ärem Beruff wënschen?

Virun allem géif ech mir wënschen, gesond ze bleiwen, esou datt ech meng Aarbecht weiderhi gutt ka maachen.

Fannt Dir, datt et sech gutt an eiser Gemeng liewe léisst? Wou wunnt Dir elo?

Ech wunne selwer an der Gemeng Waldbëlleg, a fannen et ass eng schéin a propper Gemeng. Et gi vill verschidden Evenementer während dem Joer organiséiert, esou datt d'Awunner ëmmer eng flott Zäit matenee verbréngen kënnen.

Wat maacht Dir am léifsten, wann Dir no der Aarbecht heemkommt?

Ech wunnen zu Haler a genéissen d'Rou vum Duerf.

Wéi sidd Dir bei d'Gemeng Waldbëlleg komm?

Ech hun d'Annonce fir de Posten am Service technique an der Zeitung gelies, an hu meng Kandidatur geschéckt.

Wéi laang maacht Dir deem Job schonns?

Ech schaffen an der Equipe säit dem 14. Juli 2014.

Wat sinn déi gutt Säiten dovun?

Am beschte gefällt et mir, datt ech vill am Fräie ka schaffen an ëmmer verbonne si mat der Natur.

Wat sinn d'Erausforderungen?

Ech fannen et ass ëmmer eng Erausforderung, fir eis Aarbecht esou gutt ewéi méiglech ze machen, fir datt d'Bedierfnisser vun den Awunner aus der Gemeng zefriddegestallt ginn.



FEIER FIR DEM PIT BECKENÉ SENG PENSION



Am Gedicht vun eis Aarbechskolleege steet ze liesen:

*„Pit, du waars e virbildleche Beamten, pünktlech, korrekt, loyal, mat vill Matgefill,
Hues keng Aarbecht gescheit, egal wou mir deng Hëllef gebraucht hunn, waars du fir eis um Dill.
Du has en oppent Ouer fir eis all,
an dat huet eis besonnesch gutt un dir gefall.
Du hues vill am Hannergrond gelescht am Sënn vun denger Gemeng ...”*

De 6. Mäerz hunn de Schäffen- a Gemengerot vu Waldbëlleg, zesumme mat hire Mataarbechter, dem Pit Beckené seng wuel verdéngte Pension um Kärespäicher vun der Heringer Millen gefeiert. 25 Joer laang war de Pit Receveur vun eiser Gemeng. Déi éischt Joren huet hien aleng mam fréiere Gemengesekretär, dem Nico Schlamme, an der Administratioun geschafft. Eréischt vun 2013 u si weider Beamten op der Gemeng agestallt ginn.

De Pit war e virbildleche Gemenge-Receveur. Nieft sengem Beräich vun der Recette huet hien awer och nach ëmmer engagéiert an der Administratioun matgehollef a war bereet Bierger bei sech am Büro ze empfanke.

An der Sëtzung vum 27. Februar huet de Gemengerot eestëmmeg de Pit Beckené Éierereceveur vun der Gemeng Waldbëlleg genannt, fir esou säin onermiddlechen Asaz ze honoréieren. Dorausser ergëtt sech, dass hien der Gemeng Waldbëlleg erhale bleift a mir all d'Chance hunn, hien nach regelméisseg zeréck ze begéinen op Eventer, déi d'Gemeng organiséiert.

Merci Pit fir alles wat s du am Sënn vun eiser Gemeng gelescht hues! Merci fir deng Kollegialitéit!

*Martine Dimmer
Foto: Patricia Prosper*

FRÉIJOERSIESSEN

Dëst Joer war der Gemeng hiert traditionellt Fréijoersiessen am Restaurant Heringer Millen am Mëllerdall. Méi ewéi 90 Leit, déi fir d'Gemeng am Asaz sinn, sinn der Invitatioun vum Schäffen- a Gemengerot nokomm.

De Christophe Prosperi mat senger Ekipp an der Kichen hunn eis kulinarisch wonnerbar verwinnt, a seng Schwëster Patricia huet am Service derfir gesuergt, dass mir all zefridde vum Dësch gaange sinn. Den Owend ass mat enger flotter Stëmmung ausgeklongen.

*Text a Fotoen:
Martine Dimmer*





DER BAU DES NEUEN GEMEINDEHAUSES IM ZENTRUM VON WALDBILLIG SCHREITET VORAN.

Die vom Architekturbüro Witry & Witry architecture urbane geplante Gebäudeerweiterung des sogenannten Hentgesbaus bietet künftig moderne, zukunftsfähige Büros für die Gemeindeverwaltung und einen großen Festsaal für lokale Feiern.

Nachdem der Rohbau bereits im Sommer 2024 erfolgreich abgeschlossen werden konnte, folgte kurz darauf ein bedeutender Meilenstein: Die vormontierten Satteldachmodule, die in einem regionalen Handwerksbetrieb präzise vorgefertigt worden waren, konnten innerhalb weniger Tage aufgesetzt werden. Diese Module wurden bereits im Werk mit Dachabdichtungsbahnen, Wärmedämmung sowie einer kompletten Innenverkleidung ausgestattet. Dadurch beschränkten sich die vor Ort notwendigen Arbeiten auf die Anbringung der Dacheindeckung und der Installation der Photovoltaikanlage. Zeitgleich wurden auch die Flachdachbereiche des Gebäudes fachgerecht abgedichtet.

Ein besonderes Ereignis war die feierliche Straußfeier im Oktober 2024, bei der traditionell die Zimmererzunft einen Segensspruch für das neue Gebäude sprach – ein symbolischer Moment im Bauverlauf, der auch die Verbundenheit mit dem Handwerk und der regionalen Baukultur unterstreicht.

Trotz der Tatsache, dass es sich um die Erweiterung eines denkmalgeschützten, historisch relevanten Bestandsgebäudes handelt, wurde nicht nur auf eine moderne Architektursprache des Anbaus geachtet, sondern im gesamten Bauprozess großen Wert auf moderne Bauweisen gelegt. Wo immer möglich, kamen vorgefertigte Elemente zum Einsatz, was nicht nur die Qualität der Ausführung, sondern auch die Nachhaltigkeit und Langlebigkeit des Neubaus verbessert.

Noch vor den Weihnachtsfeiertagen im Dezember 2024 wurden die Außenfenster sowie die filigrane Pfosten-Rie-





gel-Fassade montiert. Anfang des neuen Jahres konnte somit planmäßig mit dem Innenausbau und der Gebäudeleittechnik begonnen werden – zwei zentrale Schritte auf dem Weg zur Fertigstellung.

Aktuell konzentrieren sich die Arbeiten auf die Gestaltung der Fassade: Im Sockelbereich werden Klinkerelemente und vorgefertigte Metallelemente installiert.

Die Auswahl der Materialien sowie deren Farbgebung erfolgte in enger Abstimmung mit der Gemeinde und den beteiligten Baufirmen. Es entsteht ein harmonisches Gesamtbild, das sich gut in die gewachsene Ortsstruktur einfügt.

Ein letzter wichtiger Baustein ist die Gestaltung des umliegenden Platzes im Ortszentrum. Diese wurde in einem partizipativen Prozess gemeinsam mit interessierten Bürgerinnen und Bürgern weiterentwickelt. Dadurch entsteht ein öffentlich nutzbarer Raum, der den vielfältigen Bedürfnissen der Dorfgemeinschaft gerecht wird und flexibel genutzt werden kann.

Mit dem neuen Gemeindehaus entsteht so ein moderner Verwaltungsbau und zugleich ein lebendiger Treffpunkt für alle Generationen – mitten im Herzen von Waldbillig.



ENQUÊTE SUR LE VIVRE ENSEMBLE DANS LA COMMUNE

Chères habitantes, chers habitants,

En 2023 vous avez eu l'occasion de répondre à un certain nombre de questions portant sur le « vivre ensemble dans la commune de Waldbillig » et les premiers résultats concernant la participation au sondage ainsi que l'utilisation des trois langues principales du pays ont été présenté dans le « FUUSS » numéro 2/2023.

Le but du sondage était d'avoir une vision plus précise sur l'état d'esprit actuel au sein de la population et d'évaluer de manière systématique les besoins et souhaits concernant les sujets clés, à savoir l'intégration et le vivre ensemble dans la commune. Pour assurer une bonne cohabitation, l'intégration est un facteur important pour que

chacun trouve sa place dans notre société. Le terme d'intégration est souvent limité aux nationalités, mais il englobe bien plus que cela. Toute personne, indépendamment de son origine, de sa culture, de son âge, de sa couleur de peau, de sa religion, de son orientation sexuelle, de son statut social, de son apparence physique ou de son handicap, a le droit de faire partie de notre société et ne doit pas en être exclue.

Dans cette édition la Commission consultative du vivre-ensemble interculturel est en mesure de vous fournir quelques résultats supplémentaires.


Vos contacts avec les autres habitants de la commune

Dans un premier volet plusieurs questions ont eu comme but d'analyser le contact entre les habitants de la commune.

Question :


« J'ai surtout des contacts avec d'autres habitants de la commune »

• Dans mon voisinage



72 % des répondants indiquent qu'ils ont très fréquemment respectivement fréquemment contact avec leurs voisins.


• *Lors de manifestations organisées dans la commune*



Uniquement 43 % des répondants indiquent qu'ils ont très fréquemment respectivement fréquemment contact avec les autres habitants lors de manifestations organisées dans la commune.

Question :

« **Participez-vous aux événements des associations de notre commune ?** »



La majorité (58 %) des répondants indiquent participer aux manifestations organisées dans la commune.

Votre choix de vivre dans la commune


Dans un deuxième volet plusieurs questions ont eu comme but d'analyser les atouts de la commune.

Question :


« Comment évaluez-vous spécifiquement la qualité de vie dans la commune ? »

La question était subdivisée en neuf catégories différentes. Pour chaque catégorie une échelle à cinq points allant de très positive à très négative permettait de donner un jugement personnel.

Le calme face aux bruits et/ou nuisances dans les alentours
Le calme face au trafic dans les alentours
Bon sentiment de sécurité dans le village
Bonne offre du transport public
Bonne offre d'infrastructures de loisirs/sports
Bonne offre de commerces (alimentation, boulangerie, boucher)
Bonne offre d'infrastructures pour les enfants : crèche
Bonne offre d'infrastructures pour les enfants : maison relais
Bonne offre d'infrastructures pour les enfants : école fondamentale



Presque 77 % des répondants jugent le Bon sentiment de sécurité dans le village comme très positive respectivement ++
 Exactement 91 % des répondants jugent la Bonne offre de commerces comme très négative respectivement --

Question :**« Comment estimez-vous en général la qualité de vie dans la commune ? »**


79 % des répondants estiment qu'en général la qualité de vie dans notre commune est très positive respectivement ++

Question :**« Choisiriez-vous de vivre dans notre commune si c'était à refaire ? »**

79 % des répondants indiquent qu'ils vont sans aucun doute respectivement très probablement de nouveau choisir la commune de Waldbillig comme leur résidence.

Question :


« Recommanderiez-vous à une autre personne de vivre dans notre commune ? »



72 % des répondants indiquent qu'ils vont sans aucun doute respectivement très probablement recommander à d'autres personnes de vivre dans la commune de Waldbillig.

Question :

« Comment estimez-vous le « Vivre ensemble » des luxembourgeois et des étrangers dans notre commune? »



La majorité (59 %) des répondants estiment que le Vivre-ensemble dans la commune de Waldbillig est très positif respectivement ++



Foto: Damaris

SCHOUL & MAISON RELAIS // ÉCOLE & MAISON RELAIS



Foto: Maison Relais

SCHOUL

D'Léierpersonal op der Formatioun „Eraus an d'Natur“

Samschdes, den 2. Mee hu mir un enger schoulinterner Formatioun zum Beräich „Eraus an d'Natur“ mat der Nancy Keller deelgeholl.

Dës Formatioun huet eis d'Méiglechkeet ginn, fir konkret Iddien ze sammelen, wéi een d'Potenzialer vum „dobausse sinn“ als Léierméiglechkeet wäertschätze kann, sief dëst fir d'Achtsamkeet, genee wéi Aktivitéiten déi d'Dynamik an der Grupp fërderen oder konkret schoulesch Inhalter.

Conny Den Reijer



Kleng Entdecker um Bauerenhaff – Kanner léieren d'Déiere kennen a packe mat un

All zweet Woch geet et fir d'Précocekanner dëst Schouljoer op en aussergewéinlecht Abenteuer: Si besichen de pädagogesche Bauerenhaff „Am Aker“ zu Waldbëlleg.

Do léieren si net nëmme vill iwwer Déieren a Natur, mee dierfen och selwer aktiv ginn. Si hëllefen d'Déieren ze fidderen, beobachten hiert Verhalen a kréien esou en direkte Bléck an d'Liewen um Haff.

Nieft dem Kontakt mat den Déiere ginn et nach vill aner spannend Aktivitéiten – vum Eeër sichen, iwwer Baken, bis zum Uplanze vun engem klengen Gaart.

D'Kanner sinn all Kéier mat Begeeschterung dobäi. Si léiere Verantwortung ze iwwerhuelen an entwéckele Respekt fir d'Natur.

Manon Bastin







De Cycle 1 zu Huelmes

E Mëttwoch, den 30. Abrëll, hunn déi dräi Spillschoulsklassen e spannenden an ofwieslungsräichen Dag zu Huelmes beim SNJ verbruecht. D'Kanner haten d'Geleeënheet, un enger vun dräi flott organiséierten Aktivitéiten deelzehuelen.

- De Bësch am Fréijoer: Hei goufen d'Kanner invitéiert, déi éischt Zeeche vum Fréijoer am Bësch ze entdecken. Si hunn observéiert, gelauschtert a mat alle Sënner d'Natur erlieft.
- Op de Spuere vum Waasser: Bei dëser Aktivitéit si si laanscht an duerch d'Baach gewandert, bis bei d'Veieren, wou si mat vill Freed gefëscht an d'Déierewelt entdeckt hunn. Ënnerwee gouf iwwer de Waasserkreeslaf geschwat, erkläert wéi e Waassertuerm funktionéiert, a si hu vill spannend Spuere vum Waasser gesicht.
- Um Bauerenhaff: Hei duerften d'Kanner aktiv matschaffen – si hunn Déiere gefiddert, gemëscht, Paangecher gebak a souguer eng Ronn mam Trakter gedréint.

Mat ronn 50 Kanner an hiren Enseignantë war et en intensiven, liewegen an erfëllten Dag an der fräier Natur. All Kand ass mat villen neien Erleefnesser a mat engem Laachen am Gesiicht zeréckkomm!

Sarah Müller





Der Spillschoul hir Hochbeeter

Am Kader vum nationale Plan de développement scolaire (PDS) krut eis Schoul nei Hochbeeter, déi ab elo e festen Deel vun eisem Schoulëmfeld sinn. Dës flott Initiativ soll de Kanner de Gaart an d'Natur méi nobréngen an hinnen erméiglechen, direkt ze erliewen, wéi Geméis wiisst a wéi ee sech ëm eng Planz këmmert. Et sti véier Hochbeeter am Gaart vun der Maison relais wouvun der dräi vum Cycle 2-4 genotzt ginn. Dat anert gëtt vun der Maison relais gefleegt. Ee Merci u si, datt mir als Schoul hiren Terrain matnotzen dierfen. E weidert Beet steet hannert dem Precocé an och d'Spillschoul kritt demnächst nach eent. Dann hu mir och nei Bänke kritt, déi et eis erlaben, d'Léieren an d'Spillen nach méi no un d'Natur ze bréngen. De kleng grénge Klassesall ass domat eng Réalitéit ginn.

E grouse Merci geet un de Fierschter fir seng Ënnerstëtzung an un d'Gemeng fir hir Hëllef a Bereetschaft, dës schéi Projeten mat eis ëmzesetzen!

Joëlle Niederweis



Mini-Monstere feieren eng Fuesparty am Kärespäicher



Fir d'Fueszäit ze feieren, huet de Cycle 1 eng flott Fuesparty ënner dem Motto „Mini-Monster“ organiséiert. D'Fest war freides moies, de 14. Februar, am Kärespäicher am Mëllerdall.

An de Woche virdrun hunn sech d'Kanner mat vill Begeeschterung op d'Fest virbereet: Si hunn hir eege Monsterkostümer gebastelt a verschidde Monsterdänsz ageprouft.

Während der Fuesparty gouf dann natierlech vill gedantz, gelaacht a mat Freed gespillt. Als kleng Stäerkung krut all Kand e leckere Fueskichelchen.

Et war ee ganz flotte Moie voller Freed, Beweegung a Fuesstëmmung.

Manon Bastin



Harry Potter-Leseabend im Cycle 4



Am Donnerstag, dem 30. Januar organisierten die Lehrkräfte für die Kinder des 4.1 und 4.2 einen Leseabend mit dem Thema Harry Potter. Nachdem die Schüler und Schülerinnen durch das Gleis 9 $\frac{3}{4}$ die Hogwarts-Schule für Magie und Zauberei betreten hatten, wurden sie vom Sprechenden Hut in ihre jeweiligen Häuser eingeteilt. Sie bekamen dann Armbänder, die zu ihren Häusern passten, und mussten verschiedene Schulstunden bestehen. Bei Professor Sprout im Gewächshaus Nummer 4 haben sie sich mit Alraunen beschäftigt, und auch eine solche gebastelt. Bei Professor McGonagall in Verwandlung wurde Papier in Lesezeichen verwandelt. Bei Madam Hooch wurde sich über Quittich und seine Regeln in einem Quiz ausgetauscht. Bei Professor Snape haben die Schülerinnen und Schüler Experimente durchgeführt. In der Essenspause in der großen Halle gab es allerhand Leckereien, sowohl süße als auch gesunde. Sogar warmes und kaltes Butterbier wurde den Kindern angeboten. Ein im Musikunterricht vorbereitetes Lied wurde aufgeführt. Wir hatten alle viel Spaß, und einen schönen Abend.



Mandy Hemmen

Besuch vom Schöffenrat im Cycle 4

Am 26. März hatten wir im Cycle 4 Besuch vom Schöffenrat. Die Bürgermeisterin Frau Henx-Greischer und der Schöffe Herr Tobes waren bei uns, und haben uns viele interessante Informationen gegeben. Zuerst haben sie uns vorgestellt, wie die Gemeinde funktioniert, wie die Gemeindewahlen gemacht werden und welche besonderen Sachen man über unsere Gemeinde sagen kann. Wir waren alle erstaunt, wie alt das Dorf Waldbillig ist! Wir durften auch viele Fragen stellen, zum Beispiel warum die Bürgermeisterin den Beruf machen will, was das Schwierigste am Beruf ist und auch was das

Schönste ist. Auch auf andere Fragen zum Schulhof, Schulausbau und zu Spielplätzen haben wir Antworten bekommen. Wir haben sogar ausprobiert, wie im Schöffenrat und Gemeinderat Entscheidungen getroffen werden können und festgestellt, dass das oft viele Diskussionen und Überlegungen braucht. Wir fanden es sehr spannend, diese Fragen stellen zu können, und auch auszuprobieren, wie Gemeinderat und Schöffenrat funktionieren. Am Ende haben wir einen Kugelschreiber bekommen, und eine Einladung ins Kino, worauf wir uns auch sehr freuen!

Mandy Hemmen



MAISON RELAIS







VERÄINER // ASSOCIATIONS



Foto: CDJ

CLUB DES JEUNES CHRISTNACH



D'Joer 2025 hu mir mat e puer flotten Aktivitéiten ugefaang.

Zesummen hu mir eise Kavalkadswon zum Thema „Mario Kart“ gebaut, ier et dann den 2. Mäerz op Dikrech op d'Kavalkad gaangen ass. De 16. Mäerz ware mir zu Esch op der Kavalkad. Dëst Joer nei, d'Nuetskavalkad zu



Käerch, den 22. Mäerz. D'Fuessaison hu mir den 29. Mäerz zu Waasserbëlleg ausklénge gelooss.

Samschdes, den 8. Mäerz si mir mam Kavalkadswon duerch d'Duerf ophiewe gaang. Den 9. Mäerz hate mir dann eist Buergbrennen zu Chrëstnech um Hougeriicht.



Och dëst Joer organiséiere mir rëm eise Sonndes Apéro, an eisem Clubhaus 7, Fielserstrooss zu Chrëstnech. Déi heiten Datumer kënn Dir lech notéieren:

- 13. Juli
- 28. September
- 16. November

Vun 11 Auer u kënn Dir gemittlech e Patt drénke kommen an e puer flott Stonne mat eis verbréngen.



De 5. Abrëll hate mir déi 21. Editioun vun eisem Knëppelbal zu Waldbëlleg. Eng Ronn 450 Leit hunn de Wee bis op Waldbëlleg fonnt, fir mat eis zesummen ze feieren.

Och dëst Joer hu mir no eisem Knëppelbal rëm 1.000 Euro un den Télévie gespent.

Michèle Duschang





ANDAMOS

Andamos = „kommt, mir ginn“ oder „en route“ reflektéiert déi dynamesch Astellung vun dëser Hëlleforganisatioun. Si huet hire Sëtz zu Waldbëlleg.

Säit 2008 ënnerstëtzen d'Membres fondateurs Luc Azzeri, Carmen Seyler, Marc Frieden (Sekretär), Nadine Lamesch (Presidentin), Fränk Arend (Tresorier) a Liesie Gompelmann (Vizepräsidentin) Projeten a Bolivien.

Dat si ganz konkret Projeten um Terrain: z.B. en Internat fir Schüler, fir déi et soss net méiglech wär an d'Schoul ze goen an e Beruff ze léieren. Berufsméiglechkeete sinn an der Gastronomie, an der industrieller Elektronik oder Mechanik, awer och Educateur fir kleng Kanner ze ginn.

Partner op der Plaz ass d'Fundación Cristo Vive, déi Projete virschléit an an enker Zesummenaarbecht mat Andamos déi finanziell Méiglechkeete kuckt. Ausserdeem ginn all 3-4 Joer Membere vun der Andamos Ekipp op d'Plaz, fir selwer ze gesinn, wou a wéi d'Spenden zum Asaz kommen.

Ee Projet deen Andamos besonnesch um Häerz läit, ass d'Ënnerstëtzung vun eeleren, defavoriséierte Leit (Puriskiris). Si sinn oft Analphabeten a liewen a schlechte Conditiounen obwuel se hiert Liewe laang geschafft hunn. Si kréie gehollef, hir Pensioun unzufroen, hunn d'Geleeënheet, sech ze duschen an ze fleegen oder sech auszetauschen. E Sozialaarbechter an eng Infirmière fuere reegelméisseg bei d'Leit heem, fir no hinnen ze kucken.

D'Kanner an hir Eltere ginn och net vergiess. Sou bezilt Andamos d'Paie vun der Assistante sociale, déi wäertvoll Elterenaarbecht leescht a versicht eng Léisung ze fanne fir déi Kanner, déi besonnesch ënner der Aarmut vun hire Famillje leiden.

Andamos garantéiert och d'Gehalt vun enger Educatrice an enger Maison relais, déi mat de Grondschoukanner d'Hausaufgabe mécht.

Wouhier kommen d'Sue fir Andamos? Ganz vill Done kommen aus hirem Frëndes- a Familljekrees, mee och vun Associatiounen, z.B. Jonk & Al vu Waldbëlleg, déi si op Mäert, oder am noen Ëmfeld begéinen.

Fir méi Infoen, gitt op de Site www.andamos.lu



Text:
Isabelle Oberlé,
Fotoen:
Andamos a.s.b.l.

TURNVERÄIN ËMMER FIT



Ëmmer Fit-News

No eiser Assemblée générale vum 8. Januar an engem gemittlechen Owend op der Miedernacher Gare, souze mir als Comité nach emol zesummen, fir iwwer déi verschidden ugeschwate Punkten ze diskutéieren. Dobäi hate mir och den een oder aneren neien Afall:

Sou z.B. den 3. Mäerz op Fuesméindeg, den Training e bëssen anescht ze gestalten.

Wien Loscht hat a motivéiert war, konnt sech deen Dag verkleeden an sou op den Training kommen.

Een als Boma verkleete Wollef, e Krokodil, eng Giraff, e Stitch an en Eskimo waren dobäi, grad sou wei verschidde Clownen, Prinzessinnen, vun allem ... konterbont gouf op dat eent oder ännert Fueslidd geturnt a geschweesst.

Witzeg war et op alle Fall a mir hatten eise Furri.

Dann hu mir nach eng gréisser Neiegkeet – eppes wat nach niiii do war!

Vum 28. Abrëll u gëtt et en neien zousätzleche Grupp: Ëmmer Fit 4 MEN.

D'Fro ass ëmmer rëm opkomm, ob et net och e Cours géif ginn, datt eis Männer aus der Gemeng an Ëmgéigend sech och kéinte fit halen. Dat hu mir elo an Ugrëff geholl an hunn en Test-Trimester lancéiert. Den Training gëtt vum Fränz Rischette gehalen. Hien ass, wéi eist Agata och, jonk an dynamesch, an huet ganz bestëmmt vill flott Iddien, fir d'Männer a Form ze bréngen oder fit ze halen. „Geturnt“ gëtt elo all Méinde bis d'Summerpaus am Juli. Dat direkt am Uschloss un eis gewinnten Dammen-Coursen, vun 20:30 bis 21:30 Auer zu Waldbëlleg an der Sportshal.

Mir sinn immens frou, datt souvill Dammen all Méinde bis op Waldbëlleg an d'Sportshal kommn, fir bei eis matzemaachen. Sief et am Soft-Gym um 18:30 Auer oder am Classic-Workout um 19:30 Auer.

Mol kucke wéi vill motivéiert Männer bei eis matmaachen, jee no Zoulaf kucke mir op alle Fall, fir de



Männer-Cours och déi kommend Saison weiderzeféieren.
Mir sinn och schonn um kucken, fir e méi interessanten
Horaire ze organiséieren.

Sou vill zu den Émmer-Fit News.

Wien och bei eis matmaache well, kann sech gär bei eis
mellen. Am beschte per Mail: emmer.fit@gmail.com oder
einfach emol méindes owes schnuppere kommen.

Bis geschwënn, bleift all gesond, fit a monter.

De Comité vum Turnveräin „EMMER FIT“





D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH



Fir d'Fréjoerseditioun vum FUUSS 2025, géingen d'Aeromodeliste gär e weideren Aspekt vun hirem schéinen Hobby presentéieren:

D'**Baue** vu Modellfligieren (vum Plang, ... aus enger Këscht mat enge sëllege Stécker oder fäerdeg kafen an **d'Fléie** vu Maquettes aus dem Ufank vun der Aviatioun.

An där Zäit, ass an artisanalen Ateliere konstruéiert ginn, fir emol iwwerhaapt vum Buedem fortzekommen. Iwwer Postservicer an och Militärapplikatiounen ass dunn an Aviateurskreesser awer och nogeduecht ginn.



Dem Roger Sommer (Ingenieur a Fabrikant aus der Meurthe & Moselle), säin Eindecker, ass do e gutt Beispill! Et geet ëm d'Joer 1911.

Zwee Joer no dem Louis Blériot senger Traversée vun der Manche op engem änleche Fliger.

Keng Querrudder awer Verformung vun den Tragflächen, fir ëm d'Längsachs ze dréien. Fréier schwartzwäiss ..., an haut dem Romain H. säi schéine Modell bei engem Scale Fluch iwwerem AMC-Terrain an der Eich!



Ee Routmilan.






E besonnesch interessante Modell, ass **d'Antoinette 3** vum franséische Constructeur Levavasseur mam Pilot Hubert Latham.

Deen huet nawell gär am Cockpit eng ugemaach oder während dem Vol – mat der Schroudbëchs – Inte gejet.

Iwwer den Ärmelkanal war de Rekordversuch virun de Kräidfielse vun Dover schonn an der Nordsee eriwwe. De Latham konnt gesond erausgefëscht ginn, mat cigarette allumée, wgl.

Dee schéine Modell gouf ganz op Basis vu Pläng an Ëmrechnunge vun eise Member, Ali F. gebaut an och an der Loft virgeflunn.



Beim AMC gouf et och nach den **Orlick 2**. E polnesche Seegler, aus dem Joer 1938. Ganz aus Holz gebaut an zimmlech empfindlech ! Flitt wonnerbar ... wann en da flitt!



Hei elo e Modell vum Norbert H.:
De „Schulgleiter“ **SG38** aus den
1940er-Joren, ass vun 1938-1954 fir
„Anfängerschulung“ gebaut ginn.



Weider Projekte sinn:


De Bocian: **Bielsko SZD-9**, ee Seegler
vun 1952.



Den **Haviland DH82, Tiger Moth**:
en Doppeldecker aus dem Joer 1930,
aus dem Atelier vum Norbert H.



Oder de **Minimoa** aus dem Joer
1935, ee 5 m Seegler, deen och emol
nach muss ageflu ginn!



Bei all deene schéine Modellen huet misse fläisseg gebaut
a sech informéiert ginn, bis datt se dann, op engem
rouegen Dag bei guddem Wieder, d'éischt an d'Luucht
geschleeft goufen oder sech selwer mat Moteur iwwer den
Terrain gehuewen hunn. Séier interessant an opreegend,

awer mat vill Freed a Satisfaktioun verbonnen, wann
de Vol réusséiert! E Gefill wat d'Pionéier vun deemools
villäicht nach méi heftig erlieft hunn, wéi déi äerdeg AMC-
Pilote vun haut!



Bei Froen zu den Aktivitéite vum AMC, kritt Dir gärén
déi néideg Explikatioune beim Paul Mehlen um
Tel. 621 21 91 29.

Redaktioun a Biller:
Henri Beissel, Marcel Delleré, Ali Federmeier,
Jos Gaspard, Romain Hanten, Norbert Hubert,
Pol Mehlen, Push Steffen



Foto: Damaris





Foto: Damaris

KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*





LËTZEBUERG, KRÄIZPUNKT VU SPROOCHEN A KULTUREN

Deel 3.

D'Lëtzebuerger Sprooch an d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg

Verschëftlechung an Aktualiséierung vun engem Virtrag den 23. Mäerz 2023 op der Generalversammlung vu Koplescht Fréier & Hott Marc Barthelemy, Éierecommissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch.

Lëtzebuergesch am Parlament

D'Verfassung vun 1848 hat Franséisch an Däitsch als Sprooch vum Land definéiert. Et gouf awer deemools keng offiziell Unerkennung vum Lëtzebuergesch als Sprooch.

Bis zum Éischte Weltkrich war d'Walrecht un en Zensus, eng Tax, gebonnen. Nëmme räich Bierger, Härebauerer, Industrieller an Händler (just männlech), déi déi Steuer bezuele konnten, hunn dierfe wéi goen. D'Diskussiounen an der Chamber waren op Franséisch, der Sprooch vun der Elite.

1848 goufen et a ganz Europa Protestbewegungen. Trotz der zimmlech stabiller Situatioun zu Lëtzebuerg huet d'Parlament sech missen op Ettelbréck fir eng Ständerversammlung zréckzéien. Fir d'éischte Kéier gouf do d'Lëtzebuergesch an enger parlamentarescher Debat benotzt, wat an der Press (Luxemburger Wort, 1. Mee 1848) vill beliicht gouf:

> In: 'Luxemburger Wort für Wahrheit und Recht'. Extrablatt zur Nr. 12 vom 1. Mai 1848:

[...] Hr. André hat das Wort. Nach einer kurzen Einleitung in französischer Sprache, welche dahin zielte die Landessprache in den Debatten zu gebrauchen, und welche mit einem Citat aus den guêpes des A. Karr „les droits d'un pays peuvent se débattre en patois“ endete, begann er luxemburger Deutsch zu sprechen. Er war ganz beredt und interessant war es wirklich, so wichtige Fragen, die er mit vollkommener Konsequenz löste, in unserer Landessprache verhandeln zu hören. [...] N. Metz nahm das Wort; er begann: „ich werde mich auch des Luxemburgischen bedienen, denn ich bin auch der Ansicht, daß die Stände sowohl als das Publikum **alles genau verstehen sollen**.“ Daraus ergibt sich, daß man nicht **Alles** versteht, wenn französisch gesprochen wird. Warum bannt man also die französische Sprache nicht? – [...]

Hr. München redete hierauf in hochdeutscher Sprache. Sein deutscher Ausdruck war sehr gut. [...]

Den 9. Dezember 1896 huet de **Caspar Matthias Spoo**, Politiker, onofhängegen Deputéierten, Geschäftsmann (1837-1914), an der Chamber op Lëtzebuergesch geschwat, a betount, datt hien Däitsch geschwat huet, nämlech *eist Däitsch*:

[...]

Ons Sprooch as kee franséisch, keen englesch, kee nidderlännesch, kee spuenesch, keen italiéinesch, si as nët sumeresch, nët béimesch, nët türkesch, nët russesch, an och secher nët skandinavesch. Wat soll da nach aneschter fir ons iwweg bleiwen als wéi „däitsch“, wa mer den Tur duerch ganz Europa gemaacht hun?

Ons Sprooch as déi däitsch! An ech behaupten nach ewell, datt si vill méi al a vill méi éirewiert as, wéi dat sougenannt Houdäitsch, well Honnerten an Honnerte vu Joren as si geschwat gin, éier e Lessing, e Goethe an e Schiller bestaangen hun, déi dem Houdäitschen eréischt séng besser Gestalt gin hun.

Ons Sprooch as ee vun de gesonntesten a rüchsten Idiomen vun der germanescher Zong. Wann di neidäitsch Geléierten emol an d'Verleenheet kommen, wou se dat recht Wuert siche sollen fir eng nei Iddi auszedecken, da kënnen s sech un ons wennen: Mir kënnen hinnen e feierfeste Geldschaf voll kasperer Sproochpierten a Wieder erschléissen, wou se secher dat Recht fannen.

[...]

Dem Här Spoo gouf du verbueden „*de se servir de l'idiome du pays dans nos débats publics*“.

Den 11. Oktober 1903 koum et bei der Aweiung vum Dicks-Lentz-Monument zu engem Revirement, wéi de Premier Paul Eyschen eng iwwerraschend Ried gehalen huet. Seng historesch Konzeptioun war vun der Iddi markéiert: ee Staat - eng Natioun - eng Sprooch.

„... Ons Sprooch, dat ass den alen, hellegen Eechebam: Keng Mënschenhand huet e geplanz, zënter dausend Joer gruwen sech seng Wuerzelen an onst Land.“



Caspar Mathias Spoo
(Centre national de littérature)

Lëtzebuergesch virum Éischte Weltkrich



Batty Weber
(Centre national de littérature)

De **Batty Weber**, Auteur, Journalist a Minister, huet den Ausdrock *Mischkultur* 1909 an engem Artikel an der Dageszeitung *Münchener Neueste Nachrichten* gebraucht. Duerch seng historesch Verbindunge mat den Nopeschlänner hätt Lëtzebuerg kulturell a sproochlech Elementer souwuel op Däitsch wéi och op Franséisch vermëscht an domat en eenzegaartege Lëtzebuurger Modell geschafen. Lëtzebuerg ass weder däitsch nach franséisch, mee e bësse vun deenen zwee.

De Batty Weber huet dernieft den onofhängege Charakter vun der Lëtzebuurger Sprooch ënnerstrach, där hire Gebrauch déi enk Verbindunge mam Land a senger Bevëlkerung illustréiert.

De **René Engelmann** vu Veianen (1880-1915) huet zu Dikrech am Kolléisch an dono op de Cours supérieur, op der Sorbonne zu Paräis, zu Berlin an zu London romanesch Sproochen, Germanistik an Englesch studéiert. Dono gouf hien zu Dikrech Professor.

De René Engelmann ass jonk mat 35 Joer gestuerwen.

De Michel Rodange an den Dicks haten an hire Wierker schonn déi lokal Dialekter vum Lëtzebuergesch agesat an ënnerstrach. De René Engemann huet déi verschidden Idiome studéiert an analyséiert an eng Standardsprooch erausgezunn, eng interregional Sprooch, déi hie Koiné genannt huet.

D'Regierung huet de René Engemann beoptraagt, Uerdnung an d'Orthografie vum Lëtzebuergesch ze bréngen. Seng *Vorschläge zur Regelung der luxemburgischen Rechtschreibung* vum 1910 koume spéider an dat éischtent Schoulbuch *Das Luxemburgische und sein Schrifttum* vum Nik Welter. D'Basis fir seng Regelung vun der Orthographie beschreift den Engemann esou:

„Was wir brauchen, ist eine Reihe von allgemeinen Direktiven, [...] ohne für jeden einzelnen Fall eine Regel aufzustellen: ein klares, einfaches System, das der Dialektschriftsteller sich leicht einprägen und ohne beständiges Nachschlagen und Konsultieren ausführen kann, das aber auch dem Leser ein übersichtliches und dabei dem Auge gefälliges Schreibbild bietet.“

1912 koom Lëtzebuergesch an d'Schoul. D'Schoulgesetz vum 10. August 1912 huet d'Schoulfächer fir d'Primärschoul festgeluecht, dorënner Däitsch a Franséisch, an och Lëtzebuergesch. Et gong vum der däitscher Sprooch rieds a vum der franséischer Sprooch, net awer vum der Lëtzebuerger Sprooch, mee einfach vum Lëtzebuergesch.

*„L'enseignement primaire comprend nécessairement : l'instruction religieuse et morale ; **la langue allemande** ; **la langue française** ; l'arithmétique ; les éléments usuels des sciences physiques et naturelles ; les éléments de l'histoire nationale et **le luxembourgeois** ; les éléments de la géographie ; le dessin ; le chant ; la gymnastique et les jeux scolaires ; pour les filles, les travaux à l'aiguille et des notions d'économie domestique.“*


Loi scolaire du 10 août 1912, article 23

Das Luxemburgische und sein Schrifttum war 1914 dat éischtent Schoulbuch vum Lëtzebuergesch, a fir den Enseignement an der Primärschoul geduecht. Den Nik Welter hat et zesummegehallt. Et war bis nom Zweete Weltkrich d'Standardwierk iwwer d'Lëtzebuerger Literatur an ass dacks nei editéiert ginn.

D'Buch war an der sougenannter Welter-Engemann-Orthografie geschriwwen, déi laang d'Norm blouf. Si ass charakteriséiert duerch eng Rëtsch diakritesch Zeechen, den Hittchen oder Accent circonflexe (*Lîcht*, haut: *Liicht*; *mâchen*, haut: *maachen*) an den Apostroph (*Ko'*, haut: *Kou*; *me'*, haut: *méi*)

Den **Nik Welter** (1871-1951) vu Miersch hat zu Léiwen, Paräis, Bonn a Berlin studéiert a war duerno Professor am Dikrecher an am Stater Kolléisch. Vun 1918 bis 1921 war hien Unterrichtsminister.

Den Nik Welter huet vill geschriwwen, meeschtens Theaterstécker a Gedichter op Däitsch. Op säi lëtzebuergesch Wierk *Griselinde* huet de lëtzebuergesche Komponist Alfred Kowalsky eng Oper komponéiert. Säi Gedicht *Der Geiger von Echternach* huet d'Komponistin Lou Koster zu engem Oratorium inspiréiert.



Nik Welter
(Centre national de littérature)



Poutty Stein (Foto: CNL)



Louis Petit (Jonghèmecht 4, 1930)



August Liesch (CNL)

Hien huet sech fir d'Dichterbeweegung interesséiert a war bedeelegt dorunner, datt de Frédéric Mistral de Literaturnobelpreis krut. Zu Lëtzebuerg huet e sech speziell agesat, dem Michel Rodange säi *Reenert* bekanntzemaachen.

„Unsere Mundart ist uns geworden zur Verdichtung, zum Klangkörper unserer Liebe zu dem neutralen unabhängigen Kleinstaat, um dessen Bestand wir neuerdings zittern müssen“.

Nikolaus Welter (1916)

Tëscht de Weltkriecher

Am Éischte Weltkriech war Lëtzebuerg vum Däitsche Räich besat. Et war keen Uschloss wéi spéider am Zweete Weltkriech, mä déi ambivalent Politik vun der Grande-Duchesse, vun der Regierung a vun der Groussindustrie huet nom Kriech zu Revolt, zu Ofwier géint dat Däitscht an zu enger frankophiller Haltung vun der Bevëlkerung gefouert.

D'Nationalunioun, e Veräin, deem 1910 gegrënnt gouf, huet sech tëscht de Kriecher staark fir d'Lëtzebuergesch als Sprooch an als Symbol vun der nationaler Identitéit agesat. De Lucien König (1888-1961), bekannt als Siggy vu Lëtzebuerg, war hiren Spriecher. Vill Leit goufe sech bewosst, datt si am Alldag weeder Däitsch nach Franséisch als Sprooch gebraucht hunn.

« La langue maternelle, parlée par 100 % de la population dans au moins 90 % des situations de la vie collective, constitue le ciment indestructible qui lie tous les membres de la communauté nationale.

Qu'on lise régulièrement les journaux et les livres français ou qu'on se contente de lire les journaux du pays qui paraissent en langue allemande, on s'exprime en luxembourgeois dans toutes les relations avec ses compatriotes. »¹

An der Literatur war d'Zäit tëscht de Kriecher engersäits markéiert vum August Liesch senger *Maus Kätti*, anersäits duerch bis haut bekannte Lidder vu Poutty Stein a Louis Petit.

De **Poutty Stein** (1888-1959), virum zweete Weltkriech Poutty Stein, war Schrëftsteller, Kabarettist a Chansonnier, an Auteur vu bis haut bekannte Lidder:

- De schéine Poli
- Neen, déi Schnëss
- Dem Wirsch seng Wueden
- Vu Paräis erëm
- An deen näischnotze Bléck
- De Bumsy an ech
- D'Quiselchen
- D'Meedche vu Lëntgen
- Vu Kuba erëm

¹ Nicolas Braunshausen. Livre du Centenaire. Luxembourg 1939

De **Louis Petit** (1890-1953) ass zu Lëtzebuerg opgewuess, war am Stater Conservatoire an ass fir Studiereesen op Paräis, Wiesbaden a Wien gaangen. 1916 gouf hien Dirigent a Museksenseignant zu Esch, a war bei Theatergruppen a Chéier aktiv a spéider ënner anerem President vum Adolf-Verband. 1943 huet hie missen als Enseignant demissionéieren, nodeems hie sech fir d'Nationalhymn agesat hat.

De Louis Petit war Komponist an huet selwer Texter geschriwwen. Hien huet de Libretto fir dem Franz Gilson säin Dräiakter *Eng Summerkur am Mëllerdall* (1921) verfaasst a Lidder vertount vu Goethe, Willy Goergen, Victor Hugo, Marcel Reuland, Demy Schlechter an och Deeler vum Michel Rodange sengem *Reenert*. Bis haut bekannt si verschidde Lidder:

- D'Hechtercher aus der Stad
- Manyla
- Ech sinn e Butteksmeedchen

Den **August Liesch** (1874-1949) war Jurist, Politiker, Generaldirekter (Minister) 1918-1921 an Auteur vun engem vun de bekannteste Wierker aus dem Lëtzebuergeschen, der *Maus Kätti* (1936).

*D'Maus Kätti sëtzt bei hirem Lach
zu Biermereng um Feld.
„Wéi schéin“, denkt si, „ass d'Liewen dach,
Wéi gutt ass 't op der Welt.
All Stécker, zwou Stonn an der Rond,
Si meng, dat ass gewëss;
Ech liewen einfach a gesond
Vu Weess an Hieselnëss.
An ass et mir net an der Rei,
Sinn ech zevill puppsat,
Ginn ech am sonndesse Gezei
No Munnref an de Bad.“*

*Op eemol lauschtert se a seet:
„Ech héieren eppes kribbelen.
A wat gesinn ech op der Heed
Do uewen esou wibbelen?
Ass dat erlaabt, déi Déiwerei!
Eng friem Maus kënnt hier mausen!“
Mä gläich drop rífft se: „Heielei!
Meng Cousine Mim aus Clausen!“
An d'Kätti leeft ewéi de Wand,
si leien sech am Arem:
„A wou kënns du dann hier, mäi Kand?
War et der net ze warem?
Komm huel dee klenge Pad elo,*

*Da gi mer ënnerdaach.
Mäin Haische läit, du weess et jo,
Do ënne bei der Baach.“*

Den Zweete Weltkrich

Am Zweete Weltkrich hunn d'Nazie Lëtzebuerg besat an annekteiert als Deel vum däitsche Räich.


„Luxemburg ist altes deutsches Siedlungsgebiet

Die Bevölkerung dieses Landes ist deutschstämmig, sie ist moselfränkisch, genau wie die Bevölkerung von Trier und unserem schönen Moselland. Lassen Sie sich daher nicht täuschen von dem äußeren französischen Firnis, der nur künstlich aufgetragen ist. [...]

Es kann der Bevölkerung dieses Landes nicht zugemutet werden, dass ihr deutscher Charakter, dass ihre deutsche Eigenart künstlich verborgen wird unter französischen Inschriften und Bezeichnungen aller Art. (...)

Hier in dieser schönen und gepflegten Stadt, hier in diesem Lande, wo jedes Haus und jeder Bauernhof davon zeugt, dass eine rassisch wertvolle, anständige und tüchtige Bevölkerung nach deutscher Art siedelt und arbeitet.“

Gauleiter Gustav Simon (1940)





1941 hat den Okkupant eng Personenstandsaufnahme geplangt, eng Zort Vollekszielung, an där mat den Äntwerten op d'Froen no Nationalitéit, no Mammesprooch an no Ethnie sollt bewise ginn, datt Lëtzebuerg zu Däitschland gehéiert.


Et war verbueden, op Lëtzebuergesch oder mat *Lëtzebuergesch* ze äntwerten:

„In der Regel besitzt jeder Mensch nur eine Muttersprache, in welcher er denkt und deren er sich in seiner Familie und im häuslichen Verkehr am liebsten bedient, z.B. deutsch, italienisch, französisch, polnisch. [...] Dialekte (Mundarten), z. B. luxemburgisch, plattdeutsch, gelten nicht als Muttersprache.“

D'Zivilverwaltung huet punktuell Ëmfroe gemaach. D'Resultat war kloer: Méi wéi 90 Prozent vun de Leit hunn dräi Mol geäntwert mat: *Lëtzebuergesch*!


Den Okkupant huet d'Operatioun ofgebrach a brutal repressiv Moossname geholl.

D'Lëtzebuurger Bevëlkerung huet dës Vollekszielung nom Krich dacks als e Referendum fir hir Onofhängegkeet gesinn.



DE PIERRE JORIS ASS DOUT

De Pierre Joris war en international bekanntene Schrëftsteller an Iwwersetzer. Hie gouf 1946 zu Stroossbuerg gebuer an ass zu Ettelbréck opgewuess. Dono huet en zanter den 1980er-Joren zu New York gelieft an hat déi lëtzebuergesch an déi amerikanesch Nationalitéit. Hien huet vill Gedichter geschriwwen, mee och Prosatexter an Artikelen. Bekannt ass e gi mat sengen Artikelen iwwer Heidegger, Celan an Derida, an och mat sengen Iwwersetzungen, op Englesch vu Paul Celan, Kurt Schwitters, Arthur Rimbaud, op Franséisch vun Auteure vun der Beat-Generation ewéi Carl Solomon, Jack Kerouac, Grégory Corso. En huet do natierlech vun senger fir e Lëtzebuurger typescher Villsprouchegekeet profitéiert. De Pierre Joris krut vill renomméiert Auszeechnungen, dorënner zu Lëtzebuerg 2020 de Batty-Weber-Präis, nodeems e schonns 1993 an 1997 eng Bourse de recherches vum Fonds culturel national zougesprach krut.



Wou ass de Lien mat Waldbëlleg? Et gëtt kee bekannten, direkte perséinleche Kontakt mat der Gemeng, mee de Pierre Joris war vum Reenert fasziniert. Dat huet sech an de leschte Joren erëmgespigelt a sengem Buch *Fox-trails, -tales & -trots*, mat *A Retelling of The Story of Renart & the She Wolf*, an där hien déi Story um Reenert an der Hersant, dem Wollef Ysengrin senger Fra, ausféierlech verzielt:

*"I've never even thought of making it with
you but now that rumor has me do it
I'm of a mind to try it
why don't you come in & and we'll have a ball"
Renart didn't believe his
luck nor did he waste a second*

De Wollef war natierlech net ameséiert an et gouf Buttek am Stot an dunn déck Roserei vun den zwee Wëllef zesummen iwwer de Reenert:

believe me fox you better watch your ass

Mee mir spoileren elo hei net. Wann Der wëllt wëssen, wéi dat ausgeet, da musst Der dat schonns am Pierre Joris sengem Buch liesen, och wéi dat ausgesäit mat der Zeen aus dem drëtte Gesank vum Rodange sengem Reenert:

*De Schallek mécht eng Kéier,
kënnst hannebäi erëm:
do deet en ër nach Schmot un
a laacht aus heller Stëmm.*

De Pierre Joris huet en Text bei déi Geschicht derbäigesat. Hien explizéiert d'Geschicht vum Reenert-Epos a verzielt, datt hien als klengt Kand op senger Bomi hirem Schouss héieren huet

*how Renert had to go to court for mistreating and
conning the animals. The moralistic aspect of the tales
might not have stuck, but the poems and tales, and
before all, the figure of the fox are still with me today.*

De Pierre Joris huet ëmmer erëm och op Lëtzebuergesch geschriwwen, esou an deem wonnerschéine Band *Mir wëlle bleiwen, wat mir ginn* mat Gedichter vu verschiddenen Auteuren aus Lëtzebuerg. De Guy Helminger hat dat Buch erausbruecht fir déi nawell ëmstridde Weltausstellung zu Dubai. 21 Autorinnen an Auteuren hunn sech deelweis



ganz kritesch mat Lëtzebuerg auserneegesat. D'Gedichter sinn am Lëtzebuerger Original, mee och op Englesch an Arabesch publizéiert.

De Pierre Joris schreift do *E Gedicht op Lëtzebuergesch iwwer New York*, an hält däitlech Referenz op de Reenert:

*Et war emol net ëm Päischten
an näischt stoung an der Blumm
mee et war en iwwerhëtzen Dag
Mëtt Februar a mëtten a menger Stad
Tëschent dem Anselm Kiefer an dem Mett Breuer
an dem Wagner sengem Parsifal an der Met-Oper
do souz ech matzen an der Mëtt vum Central Park
op enger Bänk tëschent deenen zwou Euro-Kulchur
Saachen
fir dëst Gedicht ze schreiwen*

De Pierre Joris hat de Fiisschen net vergiess. Hien ass de 27. Februar 2025 zu New York gestuerwen.

Fox-trails, -tales & trots. Pierre Joris.
Black Fountain Press 2020. ISBN 978-99959-5-8

*Mir wëlle bleiwen, wat mir ginn. Gedichter aus
Lëtzebuerg.* Editeur: Guy Helminger. Centre national
de littérature 2021. ISBN 978-2-919903-92-4

An de Librairien sinn déi Bicher kaum nach ze kréien, mee si kënnen iwwer d'Website bestallt ginn:

www.blackfountain.lu
cnl.public.lu

Marc Barthelemy

SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE

Den 1. Mäerz hat d'S. P. L. hir Joresversammlung, ewéi gewinnt um Kärespäicher op der Heringer Millen. Dobäi gouf den Aktivitéitsbericht vum leschte Joer presentéiert.

Aktivitéitsbericht vum Joer 2024

Generalversammlung 2024

D'lescht Joer hate mir eis den 2. Mäerz hei am Sall fir eis Generalversammlung 2024 versammelt. Den Aktivitéitsbericht 2023, an de Finanzbericht vum Philippe Colbach, bestätegt vun de Keesserevisoren, goufen eestëmmeg ugeholl. De Budget 2024 gouf och eestëmmeg ugeholl.

De Fernand Spier ass mat vill Applaus zum Éirepresident ernannt ginn. D'Denise Leesch huet déi Haaptmeritte vum Fernand ervirgehewen, speziell deen, datt hien déi Energi hat, fir dës Associatioun zesumme mat un Urgeschicht interesséierte Frënn ze grënnen. Et ass Dank sengem Engagement als President während 32 Joer, a senge wëssenschaftlechen Aktivitéiten op héigem Niveau, datt d'Interessi fir d'Virgeschicht zu Lëtzebuerg erhalen konnt bleiwen.

Nom statutareschen Deel vun der Generalversammlung huet d'Gemeng en Éirewäin offréiert.

Duerno huet d'Denise Leesch eng Kommunikatioun presentéiert mam Titel: „Un projet de recherche pour explorer l'utilisation du territoire du Luxembourg au Néolithique à partir des découvertes de surface“. D'Zil vun dësem partizipative Wëssenschaftsprojekt ass et, eng grouss Zuel vun Uewerflächekollektiounen, déi vu Memberen vun der S. P. L. zesummegebroe gi sinn, ze studéieren, fir se an eng grouss regional Etude ze integréieren.

D'Joer 2024 war während e puer Méint geprägt duerch d'Plënnere vun den 7.500 Bicher an de 24.000 Steenartefakten vun der Kollektioun Marcel Ewers wéint den Émbauaarbechte vum Centre scolaire et sportif Michel Rodange zu Waldbëlleg. Bis déi Arbechte fäerdeg sinn, si mir um Rez-de-chaussée vum alen Hôtel des Cascades am Mëllerdall ënnerbruecht. Fir een Deel vun der Bibliothék huet ons d'Gemeng, déi eis tatkräfteg ënnerstëtzt huet, dat aalt Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech zur Verfügung gestallt.

D'Journée „porte ouverte“, déi de 16. Juni op den Dag vun den „Journées européennes de l'archéologie“ programméiert war, ass genau an dës Plënneraktioun gefall an huet missten ofgesoot ginn. Aner geplangten Aktivitéiten sinn ëmgestallt ginn, ouni de Programm vun deene verschiddenen Aarbechtsgruppen ze vill op d'Kopp ze geheien.

Comité

2024 ass de Comité véiermol zesummekomm (10. Januar, 19. Mäerz, 10. Juli an 22. Oktober). An der éischter Sëtzung no der Generalversammlung sinn d'Chargen esou verdeelt ginn: Presidentin: Denise Leesch; Vizepresident: André Schoellen; Generalsekretärin: Marie Paule Wagener; Tresorier: Philippe Colbach; Memberen: Luc Franck, Jerry Grün, Georges Jomé, Romain Meyer, Jean-Paul Muller, John J. Muller, Jean-Paul Stein, François Valotteau.

De Comité huet sech ëm d'lafend Affären an all déi Aufgaben, déi laut de Statuten ufalen, gekëmmert.

Den Aktivitéitsprogramm 2024 ass, am Aklang mat de verschiddenen Aarbechtsgruppen, festgehale ginn,



virun allem déi Aktivitéiten, déi zesumme mam Natur- & Geopark Mëllerdall stattfonnt hun. All dës Rendez-vousen gi regelméisseg op d'Website gesat an am Infoblat matgedeelt. Am Joer 2024 ass dëst Informatiounsblat véiermol erauskomm.

Memberen

Den 31. Dezember 2024 hat d'S. P. L. 175 Memberen, dorënner 26 am Ausland. D'Zuel ass liicht eropgaangen am Verglach zu 2023, mä e puer sinn nach net à jour mat hirer Cotisatioun. D'Statute gesi vir, datt d'Memberen, déi während zwee Joer hir Cotisatioun net bezuelt hunn, aus der Lëscht gestrach ginn.

Wéi scho matgedeelt, si leider am Laf vum Joer 2024 e puer vun eise Membere verstuerwen: Peter Weber (Holsthum-D), Pierre Kill (Mamer), Robert Weyrich (Luxembourg), Albert Rausch (Dudelange), Guy Heinen (Linger) a Kurt Scheuer (Oberbillig-D).

Mir konnten awer och mat Freed siechzëng nei Membere begrëssen: Guy Berntgen (Fentange), Christophe Bieber (Reutlingen-D), Joris De Toffol (Garnich), Pierre-Benoît Gérard (Arlon-B), Carlo Glod (Elvange), Alexandre Halter (Dalheim), Bernard Hoffmann (Noertrange), Sonja Hvalkof (Mondorf-les-Bains), Georges Majerus (Aspelt), Stéphane Meyer (Luxembourg), Pia Ries-Kalmes (Dudelange), Jacqueline Rippert (Bertrange), Raoul Topi (Lichtenborn-D), Pierre Velcin (Guenange-F), Nicolas Meier – Biodiversum (Remerschen) an d'Ricciacus Frënn (Dalheim).

Bulletin de la S. P. L.

2024 ass kee Bulletin erauskomm, awer e puer Artikele fir déi nächst Ausgab sinn a Virbereedung. Fir de Moment ass een Artikel fäerdeg fir d'Verëffentlechung. Et sief drunn erënnert, datt mir fir e neie Volume op d'mannst op 180 Säiten, déi wëssenschaftlech Aarbechten iwwer d'Vir- a Fréigeschicht vu Lëtzebuerg oder vun der Groussregioun betreffen, komme mussen.

Internet Site

Eis Website ass regelméisseg aktualiséiert gi mat deene verschiddenen Evenementer an Aarbechtssëtzen, déi fir jiddereen zougänglech sinn. D'Infosblat an déi ganz Bulletine fannt Dir och um Site. Wann zwar verschidde Rubriken, wéi z.B. déi „Member ginn“ musse verbessert ginn, sou bleiwt de Site e wichtegt Instrument, fir iwwer d'Aktivitéite vun der S. P. L. um Lafenden ze bleiwen an d'Associatioun ze kontaktéieren.



Arbeitsgruppen

D'Bibliothék besteet haaptsächlech wéinst dem Austausch vun eisem Bulletin mat anere wëssenschaftleche Publikatiounen vun Universitëten, archeologesche Fuerschungsinstituter, Muséeën an archeologesche Gesellschaften aus zwielef europäesche Länner. Am Joer 2024 huet d'S. P. L. eng honnert Bicher kritt, déi opgehol ginn esou bal se ukommen. Mir hunn och nees verschidden Done vu Bicher kritt vu Membere vun der S. P. L. (G. Thill a Madamm Ewers), deene mir Merci soen fir hir Generosität. Koordinéiert vun der Marie Paule Wagener huet sech de Grupp während e puer Méint ëm d'Plënnere an de Reamenagement vun de Bicher am Sall am Mëllerdall gekëmmert. Duerno huet de Grupp sech nees all drëtte Mëttwoch am Mount getraff, fir mam Araume virunzufueren.

Am Laf vum Joer 2024 ass d'S. P. L. vun der Nationalbibliothék kontaktéiert ginn, fir während enger vun hiren neien Numerisatiouncampagnen all Bulletinen an hirem Katalog opzehuelen. Esou eng Campagne dauert am Prinzip zwee Joer.

De „**Groupe d'étude des sites préhistoriques de surface**“, koordinéiert vun der Denise Leesch, huet sech haaptsächlech ëm de Projet gekëmmert, fir deen



een eng Bourse vun der Fondatioun Schleich-Lentz kritt huet mam Titel „L'impact des activités humaines sur le paysage au Néolithique (5300-200 avant notre ère). Un prototype d'étude pour la région Beaufort – Ermsdorf – Medernach – Waldbillig“. An deem Kontext huet hien eng éischt Ënnersichung a Rekonditionéierung vun alle Stécker aus de Sammlungen Marcel Ewers an F. Marx gemaach. Am November war de Schwäizer Archäolog Urs Leuzinger, externe Mentor vun dësem Projet, dräi Deeg zu Lëtzebuerg, fir en Deel vum Material z'ënnersichen an iwwer d'Method ze diskutéieren, déi fir dës Etude ugeholl gëtt.

Ausserdeem huet de Carlo Glod, Student op der Universitéit Innsbruck, d'Ënnersichung vun engem Deel vun der Sammlung Roger Wagner gemaach, wou verschidde Prospektiounsunitéite mat deene vu Marcel Ewers an F. Marx (Fundkomplex N) iwwerenee stëmmen. Fir dës Aarbecht huet den INRA am August a September seng Raimlechkeeten um Tételberg zur Verfügung gestallt.

Schlussendlech sinn e puer Deeg gewidmet ginn, fir d'Etude vun de Sammlungen P. Rousseau a J. Wilwert weiderzeféieren.

De **Grupp „Géoressources“**, dee vun de Geologe Luc Franck a Romain Meyer koordinéiert gëtt, huet d'Etude vu schwaarzen Devonische Steng weidergefouert, déi bei der Fabrikatioun vun enger grousser Zuel vu Beilen a Brassarde benotzt goufen. Vill Sortië sinn vun de Memberen vum Grupp duerchgefouert ginn, fir Loen z'entdecken, déi méiglecherweis kiselhaltig Knollen enthalten, déi benotzt goufen, fir dës Objeten hirzestellen. D'Kartographie an den Echantillonnage vun dëse Plaze si gutt fortgeschratt, souwuel wat d'Knollen an der primärer Lag ugeet, wéi déi an der sekundärer.

De **Sandstee Grupp**, koordinéiert vu Jerry Grün a Georges Arensdorff, huet seng Aarbecht vum Recensement vun de „Schleifrillen“, „Gleitfurchen“ an anere mënschleche Spueren um Lëtzebuurger Sandsteen weidergefouert, mam Zil eng aktualiséiert Versioun vun Donnéeën, déi vum Dr. Ernest Schneider an sengem Buch vun 1939 „Material zu einer archäologischen Felskunde des Luxemburger Landes“ beschriwwen goufen, virzebereeden. An deem Sënn huet de Grupp vill Sortien organiséiert, déi et méiglech gemaach hunn, Spueren ze entdecken, déi bis elo nach net opgeholl goufen.

Journées d'études an Ateliers

Den **9. Mäerz** gouf en Initiatiounsdag an d'Urgeschicht, an Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall, an de Raimlechkeete vun der S. P. L. zu Walbëlleg organiséiert. Dës Cours huet iwwer de ganzen Dag stattfonnt mat engem theoreteschen Deel, deem déi Haaptetappe vun der Kulturgeschicht presentéiert huet, duerno koume praktesch Aarbechten op Basis vu prehistoreschen Objeten aus der Regioun Mëllerdall, haaptsächlech aus der Sammlung vum Marcel Ewers.

Vum **20. bis de 25. Mee** war am Schoul- a Sportzentrum Michel Rodange zu Walbëlleg e Workshop iwwer schwaarze Beilen aus haardem Fiels, vun deenen e puer dausend Exemplaren zu Lëtzebuerg an an den Nopeschregiounen fonnt goufen. Dës Deeg ware geduecht, fir déi verschidde Produkter, déi aus der Fabrikatioun vu poléierte Beilen aus Devonischem Fiels entstane sinn, ze charakteriséieren an d'Operatiounskette vun dësen Instrumenter fir Holz aarbecht ze rekonstruéieren, vum Réimaterial bis zur Entsuegung vu gebrauchten oder gebrachten Deeler, oder souguer zum Recycling vu verschiddene Lamen fir aner Aarbechten, déi net am Zesummenhang mam Holz sinn. Fir dësen Atelier hat de J.-P. Scheifer ronn 2.000 Stécker aus senger Prospektiounen, déi iwwer bal 60 Joer ëm Dikrech gemaach goufen, zur Verfügung gestallt.

Ausflug a Visites guidées

Am Joer 2024 goufe sechs Visite guidées an archeologesch Wanderungen organiséiert.

27. Abrëll: De Grupp Géoressources huet en Ausflug an d'Saarland, op Oberlöstern an Nonnweiler-Otzenhausen organiséiert. Dësen Ausflug huet zu engem Extraktiounsgebitt vu Millesteng am Permesche Konglomerat vun Oberlöstern gefouert. D'Visite vun dem impressionnanten „Hunnenring“-Oppidum an dem neie Keltenring-Musée gouf vum Archäolog Michael Koch

geleet, deem am Januar 2025 Direkter vum Nationalpark-Tor Keltenpark ernannt ginn ass.

4. Mee: De Sandstee Grupp hat en Ausfluch op verschidde Siten organiséiert. D'Visite huet ugefaange mam Stee vun Elleng a Käpp un den Haiser, duerno ass et bei de Martialisstee gaangen. Spéider goung de Wee weider a Richtung Scheierbiere, fir de Götzisteen an de Gollensteen vun Ierpeldeng ze gesinn.

11. Mee: En Ausfluch zum Thema „Mënschlech Spuren um Sandstee vu Lëtzebuerg“ gouf vum Grupp „Sandstee“ organiséiert. D'Zil vun dësem Spadséiergank vu ronn zéng Kilometer an der Géigend vu Beaufort war et, no Spueren ze sichen, déi de Gebrauch vum Lëtzebuerger Sandsteen zu verschiddenen Zäiten a fir verschidden Zwecker beweisen.

Den **21. September** huet an Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall de Loschbour-Tour stattfonnt, eng Wanderung vun Hiefenech op de Loschbour-Site, wou ënner engem impressionnanten Abris sous roche bei der Schwaarzer Ern, déi eelst Schankereschter vun zwee „Lëtzebuerger“ entdeckt goufen.

9. Oktober: Visite zu lechternach „Zeechen um ale Steen“ organiséiert an Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall. D'Thema vum Spadséiergank duerch d'Stad lechternach waren déi sëllege Spueren, déi an de Stee vu bestëmmten ale Gebaier gravéiert sinn: Rillen, Furchen, Bauzeechen, Linnen, déi den Héichwaasserniveau ugin, a vill aner Marken, deenen hir Bedeitung interessant ass ze verstoen, fir se besser ze erhalten.

16. November: archeologesche Spadséiergank op de Ferschweiler Plateau vis-à-vis vun lechternach. Den Ausfluch huet eis ënner anerem erlaabt, d'Fraubillenkreuz ze besichen, ee vun de bekannteste (christianiséierten) Menhiren an der Groussregioun.

Konferenz

8. November: De Schwäizer Archäolog Urs Leuzinger huet e Virtrag mam Titel „Pfahlbauten aus der Schweiz: Froschenkel, Trüffel & Fischbandwurm“ gehalten. Dëst war e grouse Succès an d'Diskussioun mam Publikum ware besonnesch interessant. D'Konferenz, déi op der Heringer Millen stattfonnt huet, gouf ofgeschloss mat engem Aperitif offréiert vun der S. P. L.

Aner Evenementer

Den **22. Juni** hat d'S. P. L. eng „Nuecht vun der Virgeschicht“ organiséiert. Déi Aktivitéit huet an de Raimlechkeete vum Natur- & Geopark Mëllerdall zu Beaufort ugefaange mat enger Presentatioun vun der Denise Leesch iwwer de Feiergebrauch an der leschter Äiszäit (Paléolithique supérieur). No der Konferenz huet eng Nuetswanderung stattfonnt laanscht d'Halerbaach, déi et erlaabt huet, en ongewéinleche Bléck op d'Fielsformatiounen vun dësem Dall am Lëtzebuerger Sandsteen ze werfen. Am Haller Kiosk, deem um Bëschränd läit, huet d'Wanderung e gesellegen Ofschloss fonnt.

Marie Paule Wagener
Fotografen: Marc Barthelemy





GESPRÉICH MAT DE KËNSCHTLER AUS EISER GEMENG : LARA GERSON

D'Lara Gerson erzielt eis an dëser Editioun vum FUUSS vun hirem kënschtlereche Wee am Aklang mat der Natur. Konscht ass fir si vill méi wéi just d'Schafe vun engem schéinen Objet.

„Ech sinn d'Lara, Mamm vun zwee Jongen, an zënter 2022 entwéckelt sech meng Konscht ëmmer weider.



Vun Dierkränz a Räucherbündel bis hin zu Mammemëllech- a Bampärelschmuck – alles, wat ech mat mengen Hänn schafen, ass méi wéi just Konscht. Et ass en Deel vu mir, en Ausdrock vu menger Léift zur Natur an zu allem, wat eis mat hir verbënnt.

Fir mech geet et net nëmmen ëm d'Schafe vu Saachen, mee vill méi ëm d'Energie, d'Ritualer an d'Intentioun, déi hannendru stinn.



Meng Leidenschaft ass et, Plaz ze halen – fir d'Verbindung mat der Natur, mat eis selwer an domat och mat deem, wat wierklech zielt. Déi kleng Saachen am Liewen, d'Kraaft vun den Heelkraider, d'Ritualer, déi eis erënneren, wie mir sinn.

Mir geet et dorëms, déi natierlech Zyklussen erëm méi bewusst ze erliewen – an dat, wat scho laang a mir leeft, mat aneren ze deelen. Egal ob duerch d'Kraaft vun de Planzen, kleng Ritualer oder och einfach d'Erkennen, dass d'Wonner vum Liewen sech an all Moment verstoppt.

D'Natur ass meng Léiermeeschtesch, meng Inspiratiounsquell an ëmmer nees e Spiggel. Alles verbënnt sech mateneen, sou wéi d'Bampärel, déi d'Kraaft vum Bam an sech dréit, well se duerch Heelung entsteet. Oder de Kakao, deem d'Häerz opmécht an eis invitéiert, méi déif an eis selwer ze lauschten.



Meng eege Rees huet mech dozou gefouert, d'Schénheet an d'Kraaft vun eiser natierlecher Verbindung ëmmer méi ze verstoen – an dës Essenz wëll ech och mat aneren deelen. Ob duerch meng Konscht, meng Ritualer oder déi heelend Energie vum zeremonielle Kakao – ech schafe Raum fir all déi, déi sech erëm méi mat hirer natierlecher Essenz verbanne wëllen.

Dir fannt méi Infoen op www.la-alma.lu (d'Website wiest a verännert sech mat mengem Wee). Oder schreift mir einfach op info@la-alma.lu, wann Dir Froen oder Wënsch hutt."

*Opgezeechent vun der Yolande Kirsch
Fotografen: Olivier Glod*

UERGELFRÄNN WALDBËLLEG IN MEMORIAM ALAN CARLISLE (1948-2020)

E Sonndeg, de 16. Mäerz 2025 gouf en extrae Concert vun den Uergelfrënn Waldbëlleg organiséiert, deen ausnamsweis net zu Waldbëlleg mä zu Haler an der Kierch ofgehalen ginn ass.

Et huet sech ëm e Gedenkconcert fir den Alan Carlisle gehandelt, en Organist an Uergelfrënd, deen déi lescht 20 Joer vu sengem Liewen am Haus „Denne-meyesch Marie“ uewen un der Haler Kierch gewunnt huet.

Senges Zeechens Informatiker am Europaparlament, huet den Alan sech nieft der Aarbecht haaptsächlech mat der Musek an all hiren Aspekter beschäftegt. Als Sänger, Komponist, Corspiller, Chouerdirigent an Organist war hie souwuel an der Kierch – zemoools bei den Anglikaner an der Stad – an och am weltleche Beräich – op der Bün bei Pirate Productions oder am Luxembourg Philharmonic Orchestra oder och hei zu Waldbëlleg an der Musek – déi ganzen Zäit musikalesch aktiv.

Hien an d’Pamela sinn am Joer 2000 op Haler komm. Wéi hie kuerz duerno eng elektronesch Uergel kaaft huet, huet hie se mam Accord vun der Kierchefabrik zu Haler an der Kierch opgestallt, wou si och fir d’Masse konnt gebraucht ginn.

Dofir war et logesch, wéi hien onerwaart am Dezember 2020 gestuerwen ass, dass mir sollte mat Kierchemusek un hien erënneren. Deemoools awer, matzen am Corona-Lockdown, koom e Gedenkconcert oder -Gottesdénkscht net a Fro. Dofir huet et esou laang gedauert, bis mir dee richtege Kader fonnt haten, an e Grupp vu senge Sänger-Kolleegen zesummebruecht hunn ënner dem Numm „Friends of Alan“, fir säi Lieblings-Requiem, vum Fauré, als Udenken un hien ze singen.

Virum Concert huet de President vun den Uergelfrënn, Henry Wickens, eng Aleedung op Lëtzebuergesch gemaach; dunn huet dem Alan seng Fra, d’Pamela Carlisle, op Englesch erkläert firwat all eenzel Stéck gewielt ginn ass a wat d’Stécker all fir si a fir dem Alan seng Famill a Kolleeg bedeiten.



Aleedung vum Mick Swithinbank



*Usprooch vun der Pamela Carlisle,
Fra vum Alan*



Usprooch vum President Henry Wickens



De Kerry Turner séngt



D'Solisten



Déi zwee Organisten



De Robin Alder, gudde Kolleeg vum Alan, huet de Concert geleet

De Concert huet mam Fauré sengem Requiem ugefaangen ënner der Leedung vum Robin Alder, ee laangjäregge Kolleeg vum Alan, dee jo den Uergelfrënn Waldbëlleg kee Friemen ass: Hien huet nämlech am Mäerz 2024 e Concert an der Waldbëlleg Kierch gehollef spillen.

Et war zwar virgesinn, dass de Jean Olinger, dee scho méi wéi 50 Joer laang Organist bei den Anglikaner an der Stad ass, a ganz vill mam Alan geschafft huet, d'Begleedung sollt spillen. An der Woch virum Concert ass hien awer krank ginn an huet esouguer missen an d'Klinik. Gottseidank ass alles gutt gaangen, hie war fir de Concert erëm do, mä hien hat doduerch esou vill Proufzäit verluer, dass et fir hien net méiglech war, de Requiem ze begleeden. Dofir ass eise Kolleeg an Uergelexpert de Paul Kayser fir deen Deel vum Concert agesprongen. Mir soen him heimat villmools Merci. De Jean huet awer d'Uergelbegleedung am Rescht vum Concert gespillt.



D'Kristina Mascher-Turner um Cor



E grouse Public



Dem Alan seng Frënn

D'Solisten am Requiem waren Jennifer Schofield (Sopran) a Kerry Turner (Bariton).

No enger kuerzer Paus huet den 2. Deel vum Concert mat engem Lidd ugefaangen, dat den Alan selwer komponéiert huet op engem Text vun der anglikanescher Liturgie: „Stir up!“. Duerno huet de Vokalensembel „The Art of Music“ – wou den Alan sengerzäit laang als Bariton gesongen huet – ënner der Leedung vum Mick Swithinbank dräi Lidder aus dem Mëttelalter an der Renaissance gesongen. De Kerry Turner huet dann d'Arie „If With All Your Hearts“ aus dem Mendelssohn sengem „Elias“ gesongen, an uschléissend huet d'Corpsillerin Kristina Mascher-Turner dat Stéck „'Twas a Dark and Stormy Night“ gespillt, wat de Kerry fir si geschriwwen huet. Déi zwee Stécker waren extra vum Alan gewënscht ginn. Als Ofschloss hunn d'Friends of Alan nach e Lidd vum Alan Carlisle gesongen, an zwar dat Chrëschtlied „Fieldmouse Carol“.

E Publikum vu schätzungsweis 70 Leit huet fir eng voll Kierch gesuergt, woubäi déi engleschsproocheg Gemeinschaft hei zu Lëtzebuerg gutt vertraude war.

Mir haten alleguer d'Gefill, dem Alan zu Gedenken en ergräifenden a wërdege Concert gesongen a gespillt ze hunn.

Text: Henry Wickens.
Fotoen: Damaris Pletschette

Fir Ären Agenda 2025 notéiert lech wgl. déi hei Datumen:

Sonndes, de 26. Oktober zu Waldbëlleg an der Kierch:

Uergelrecital mam Lawrence Bacon (Birmingham, GB):
Uergelstécker vu Meeschter aus der englescher Renaissance.

Dat Joer 2026 steet am Zeeche vun eisem Jubiläum „Uergel+ zu Waldbëlleg“ – Mir feieren 10 Joer Waldbëlleger Uergel an 30 Joer Uergelfrënn Waldbëlleg

Sonndes, den 1. Mäerz zu Waldbëlleg: Blechblosensembel „Quatricinia“ (à confirmer)

Sonndes, den 22. Mäerz:

Ensembel „Ad Libitum“:
G.F. Händel: Uergelconcerti;
Direktioun: Rosch Mirkes;
Uergel: Jos Majerus

Sonndes, de 17. Mee: „Strings and Pipes“: Paul Kayser (Uergel), Semjon Kalinowsky (Braatsch).

Hoffentlech kommen och aner Concerten no (à décider)

WALDBËLLEGER MUSEK

Den 30. November 2024 hunn 3 Museken, d'Fielser Musek, d'Fanfare Medernach an d'Waldbëlleger Musek den 3-Kantons-Concert zesumme gespillt. Dat Besonnescht un dësem Concert war, datt déi 3 Museken Nopere sinn, an 3 verschidde Gemengen an 3 verschidde Kantoner. No 20 Joer hunn déi 3 Musiken sech geduecht, datt et nees un der Zäit wier, sou ee grouse Concert ze widderhuelen.

Et war ee gelongene musekaleschen Owend wou mir zu bal 100 Musikanten an 3 verschidden Dirigenten eist Bescht ginn hunn. Mir haten déi grouss Eier, datt den Här Georges Sadeler, deen eis zu dësem Event ee Stéck komponéiert huet, dëst och nach zur Uropféierung héchstperséinlech dirigéiert huet.

Den 29. Mäerz hate mir eise Galaconcert an der Sportshal ënner der Leedung vum eise Dirigent, dem Här Ben Weiland gespillt. Eise Motto vun dësem Joer war „Around the World“, wou mir den Här Uilson Castro um Euphonium konnte begleeden. Mir soen all eisen Donateurs a Sponseren an all deenen, déi op irgend eng Aart a Weis gehollef hunn, e grouse Merci. E risegrouse Merci geet och nach emol un eis Gemeng.

Um Virowend vum 1. Mee waren eis Musikanten zesummen an de Bësch, wou Meekränz gebonne gi sinn. Uschlëssend goufe mer mat enger gudder Zopp Ierbessebuli vum Elvire a Marco Pinnel verwinnt.

Moies fréi si mer du Meekränz duerch d'Gemeng ophänke gaangen. Zu Waldbëlleg si mir beim Café Dina gestart, dunn op Chrëstnech bei eisen Éierepresident, den Här Pol Mehlen gefuer, duerno an de Mëllerdall bei d'Heringer Millen an nees zréck op Chrëstnech bei eis Gemeng. Ee grouse Merci fir dee léiwen Empfang.



Zanter hirer Grënnung am Joer 1902 ass d'Waldbëlleger Musek e feste Bestanddeel vum kulturelle Liewen an eiser Gemeng. Duerfir siche mir engagéiert a motivéiert Leit, déi Loscht hunn, sech aktiv un der Organisatioun vun „125 Joer Waldbëlleger Musek“ ze bedeelegen.

Schréift eis un tessy.feltgen@gmail.com wann Dir gär plangt, koordinéiert oder einfach hëllef wëllt.

Du hues Loscht op Musek?

Bass du scho Museker oder wëlls du et ginn? Da mell dech bei der Waldbëlleger Musek!

Mir sichen nei Musekerinnen a Museker – egal ob jonk oder manner jonk, ob Ufänger oder mat Erfahrung. Wat zielt: Freed un der Musek a Motivatioun! Kommt einfach laanscht bei enger Prouf (dënsdes um 20 Auer) oder schreift eis eng Noriicht un tessy.feltgen@gmail.com a gitt Deel vun eiser musikalescher Famill.

Text: Tessy Feltgen

Fotoen: Waldbëlleger Musek, Chrëscht Berens

SAVE THE DATE Concerten fir 2025-2026:

6. Juli 2025 um 12:30 Auer op der Bleech an der Fiels

11. Juli 2025 um 20:30 Auer
Duerfconcert zu
Blaaschent Lorenzweiler

12. Juli 2025 Ofschlossconcert
zu Chrëstnech

7. Februar 2026 Galaconcert



ECHTERNACH

Ecole Régionale de Musique



L'école de musique est gratuite pour:

Tous les enfants et jeunes en-dessous de 26 ans qui habitent à Echternach ou dans une commune conventionnée*

L'inscription coûte 100€:

Pour toute personne âgée de plus de 26 ans et toute personne qui habite dans une commune non-conventionnée (pour tout cours ne tombant pas sous la gratuité du ministère)

** sont considérés comme élèves conventionnés les élèves provenant des communes suivantes:*

Echternach, Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Junglinster, Manternach, Mertert, Rosport-Mompach et Waldbillig.

Cours d'instruments, de Formation musicale, de Chant et de Danse

Musique: vaste offre de cours d'instruments (vents, percussion, claviers, cordes) sur nos sites principaux d'Echternach et de Junglinster

Cours de musique Jazz et Rock/Pop

Chant classique et chant Rock/Pop, formation chorale enfantine à Junglinster

Danse: Danse classique et danse jazz (Echternach et Junglinster)

Cours d'éveil musical et de formation musicale dispensés à Echternach, Junglinster, Rosport et Consdorf

Une offre pour adultes est garantie pour tous les cours.

**N.B. pour les cours collectifs, une inscription de 8 élèves minimum est requise*

Découvrez toute notre offre de cours sur www.em-echternach.com

Ecole Régionale de Musique de la Ville d'Echternach – Enseignement de la musique et de la danse

10, rue des Merciers
L-6464 Echternach

Tél.: +352 28 33 77 00

secretariat@em-echternach.com
www.facebook.com/ERMVE

www.emechternach.com

Ville
ECHTERNACH
www.echternach.lu



ECHTERNACH

Ecole Régionale de Musique



Tu veux apprendre à jouer un instrument l'année prochaine, mais tu hésites encore sur le choix de l'instrument?

Alors inscris-toi pour un **Cours d'Essai!**

A PARTIR DE 5 ANS (AU 1ER SEPTEMBRE) TU PEUX APPRENDRE LA FLÛTE À BEC, LE VIOLON, LE VIOLON ALTO ET LE VIOLONCELLE.

A PARTIR DE 6 ANS (AU 1ER SEPTEMBRE) TU PEUX APPRENDRE TOUS LES INSTRUMENTS.

NOUS TE PROPOSONS UN COURS D'ESSAI POUR LES INSTRUMENTS SUIVANTS :

FLÛTE À BEC, FLÛTE TRAVERSIÈRE, HOUTBOIS, CLARINETTE ET SAXOPHONE

TROMPETTE, BUGLE, COR D'HARMONIE, TROMBONE ET BARYTON

PERCUSSION ET PERCUSSION LATINE

VIOLON, VIOLON ALTO, VIOLONCELLE, CONTREBASSE, MANDOLINE, GUITARE BASSE ET HARPE

ORGUE, CLAVECIN ET CARILLON



Intéressé(e)? Alors inscris-toi par e-mail ou par téléphone
 E-Mail: secretariat@em-echternach.com
 Numéro de téléphone : 28 33 77 00
www.em-echternach.com

Ville
d'ECHTERNACH
www.echternach.lu





ZIRKUS AM DUERF

Le présent texte est un extrait des propos échangés lors d'un aimable entretien que la direction du cirque Palace, en la personne de Madame Angelique Loyal m'a accordé en date du 7 mai 2025 à Christnach en vue de sa publication au bulletin communal De FUUSS.

Suite aux demandes du cirque, la commune de Waldbillig avait donné toutes les autorisations requises.

Une première invitation avait été proposée aux habitants via des affiches publicitaires. Grande fut la joie lorsque ce beau chapiteau a été monté le 5 mai entre les terrains de football et de golf. Des camions richement décorés et des caravanes aux dessins vifs ne manquaient pas d'évoquer dans chacun de nous la magie ressentie lors de notre dernière visite sous un chapiteau de cirque ; cela faisait certainement déjà un bon bout de temps pour plein d'habitants. Une voiture multicolore est passée annoncer la visite du cirque via haut-parleurs dans les rues de nos villages. J'ai conseillé à Madame la Directrice du cirque d'utiliser en plus notre site local Waldbelleg News et Facebook à leurs fins de promotion. Le cirque a été reconnaissant et a marqué sa volonté de coopérer en ce sens.

Les deux représentations du spectacle actuel ont affiché des rangs complets! Petits et grands se sont laissés emporter par une ribambelle d'émotions. La grande panoplie de belles confiseries disponible en mode non-stop a su séduire de manière chaleureuse les visiteurs gourmands de friandises tout en contribuant de manière certainement non négligeable à renflouer les caisses du





cirque. Les odeurs de popcorn, de barbe-à-papa et autres gourmandises irrésistibles nous en mettaient plein le nez. Une grande offre en vente de jeux lumineux pour les enfants, ainsi que des posters originaux à colorer soi-même comblaient l'atmosphère très réussie du cirque.

Et nous voilà partis pour le spectacle ! Les yeux brillent, les dents croquent, les mains applaudissent. Bienvenue à tous et à toutes !

Par respect pour cette chaleureuse troupe pleine de gentillesse, de sympathie et d'honnêteté, je ne vais naturellement pas pouvoir vous dévoiler trop de détails sur le contenu du programme actuel d'une durée d'une heure et demie, en plus d'un entracte commercial.

Il me faut toutefois mentionner et applaudir ces moments inoubliables alternant les performances mouvementées pleines de feu, d'acrobatie et de lyrisme poétique. Un grand bravo aux jeux de mots recherchés d'un clown rayonnant et naïf, de l'immense respect pour l'endurance des différents artistes acrobatiques (jongleurs, magiciens, trapézistes, etc.) enchaînant des heures d'entraînement jusqu'à arriver à ce niveau époustouflant.



Le cirque, c'est bien sûr avant tout un royaume propice à l'émerveillement des enfants. La recette savante de lumières et musiques actuelles thématiques font que les enfants reconnaissent déjà avant leur apparition sur scène leurs héros de bandes dessinées et de films animés qui attendent de sortir de derrière ce rideau rouge brillant de mystère. De nombreux gamins ont même eu l'occasion de venir aux loges saluer les mascottes en costume Disney. Les artistes merveilleusement maquillés ont joué ce jeu avec bienveillance, tout en donnant les consignes de sécurité nécessaires.

Finalement, encore un peu d'histoire sur ce cirque magnifique qui fonctionne naturellement sans exploiter aucun animal.

Le cirque Palace de Thionville vit son « travail pas évident en 4e génération familiale. Le 3e cirque de France tourne avec 6 personnes expérimentées. Tous les 2 ans l'équipe change complètement de programme, voire de thème, de musiques et de costumes cousus maison. »

L'on remarque que les différentes disciplines de l'art du cirque sont présentées à un niveau technique très élevé. La fille de famille, remarquablement douée (trapèze, corde, cerceaux, danse, feu, gym...) semble bien partie pour vouloir garantir le futur de cette belle aventure. En tout cas, ses parents et grands-parents lui donnent

un très bon exemple comment vivre et évoluer dans ce monde magique. Tous les 6 membres de cette famille tout sourire participent avec enthousiasme à la création des spectacles pleins d'énergie, ainsi qu'aux démontages et à la gestion des déménagements fréquents de ce monde itinérant.

Lors du spectacle, le présentateur a insisté à souligner la bonne coopération avec la commune de Waldbillig, de la part de laquelle ils ont reçu un très bon accueil, notamment par Madame la Bourgmestre.

Les informations concernant les tournées du cirque se trouvent sur facebook.

Le but de ce cirque est de donner de la joie.

Les artistes y réussissent leur coup avec bravoure et font rire leur public aux éclats.


Ce cirque est merveilleusement conçu pour apporter « une petite animation dans des petits villages ».

Dans ce sens, je remercie Madame la Directrice de m'avoir invitée au spectacle et de m'avoir en plus accordé ce moment d'échange de propos, malgré un emploi du temps plus que rempli.

De la part du cirque Palace rien ne s'oppose à un prochain séjour chez nous et personnellement je souhaite fortement renouveler l'expérience magnifique !

Damaris Pletschette





LEGENDEN AUS DEM MÖLLERDALL



Christnach author and teacher Hannah Flandrin-Jones is about to publish a book about the Mullerthal based on local legends but also inspired by her imagination and love for this stunning region.

Hannah has lived here for 13 years and sees her stories

as a loveletter to Luxembourg. For inspiration she walked parts of the Mullerthal trail and focussed on spots with interesting geological features, like gorges, fissures, rock caves, ferns, mosses and rare orchids.

Her 9 tales include mythological creatures, fairies and dragons but are resolutely modern in their message: be kind to nature and fellow humans.

This magical book with illustrations of the natural world done by artist printmaker Mea Bateman has been translated into Luxemburgish by Marc Weydert and will be out in autumn.



Der Hannah Flandrin-Jones hiert Buch baséiert op lokale Seeërcher aus dem Möllerdall. Op hire reegelméissegge Spadséiergäng huet si sech ëmmer erëm vun der Schéinheet vun der Landschaft begeeschtere gelooss an huet déi sëlleg Legende gelies a weidergesponnen.

Sou huet si e Buch mat 9 Erzielunge fir Kanner erausbruecht, illustréiert vun der Artistin Mea Bateman.

Wonnerbar Kreaturen an enger verzauberter Welt kritt een ze gesinn. De Message ass kloer an zäitlos: Sidd gutt zu der Natur an äre Matmënschen.




D'Buch wäert et och op Lëtzebuergesch ginn (Iwwersetzung vum Marc Weydert).



*Text: Isabelle Oberlé,
Fotoen: Hannah Flandrin-Jones*

Foto: Damaris



A photograph of two sheep in a grassy field. The sheep in the foreground is lying down, looking directly at the camera. It has a white face and a thick, light-colored woolly body. Its left ear has a green tag with the number '260609'. The sheep in the background is also looking at the camera, with its head and shoulders visible. It has a similar white face and wool. The background is a lush green field with some dark patches of soil or rocks.

Foto: Damaris

LIEWEN AN DER GEMENG // VIE RURALE

D'POPULATION VUN DER GEMENG WALDBËLLEG

Ufank 2025 liewe knapp 2.000 Awunner an der Gemeng Waldbëlleg.

Dovunner sinn dräi Véirel Lëtzebuerger. Eng zéng Prozent kommen aus Portugal, an da ginn et och tëschent dräi an engem Prozent Däitscher, Fransousen, Belsch, Italiéiner an Hollänner.

D'Alterspyramid ass net grad ganz ëmgedréint. Mee et liewen méi 40- a 50-Järeger hei ewéi Kanner a Jugendlecher. Bei deenen eeleren hält dat of. Mee et gëtt natierlech och keen Altersheem an der Gemeng.

Männer ginn et iwwregens méi bei eis ewéi Fraen. Just um Freckeisen ass dat anescht, well do sinn zwee Drëttel vun den 30 Awunnerinne Fraen.


Déi meeschten Awunner huet Chrëschtnech; da komme Bëlleg an Haler. Mëllerdaller a Freckeisener si wierklech rar geséint. Vu Siewelbuer a Grondhaff gehéiert jo just e klengen Deel zu eiser Gemeng.

Marc Barthelemy
Statistiken: David Sonnetti


Habitants

	féminin	masculin	Total
Christnach	421	421	842
Freckeisen	20	10	30
Grundhof	3	5	8
Haller	205	223	428
Mullerthal	24	31	55
Savelborn (Waldbillig)	1	5	6
Waldbillig	297	305	602
Total	971	1.000	1.971

Compostion de la population par tranche âge



Pyramide des âges



Nombre d'électeurs inscrits

Nombre d'électeurs inscrits	
Luxembourgeois	1089
Non-luxembourgeois - élections communales	104
Non-luxembourgeois - élections européennes	66

Répartition par nationalité pour les élections communales


Allemande	14	Américaine	3	Australienne	1
Bangladesh	1	Belge	10	Britannique	1
Camerounaise	1	Cap-Verdienne	2	Colombienne	1
Espagnole	3	Française	8	Irlandaise	1
Malgache	1	Marocaine	1	Néerlandaise	7
Polonaise	1	Portugaise	45	Roumaine	2
Sénégalaise	1				

Répartition par nationalité pour les élections européennes

Allemande	15	Belge	10	Espagnole	2
Française	7	Irlandaise	1	Néerlandaise	7
Polonaise	1	Portugaise	21	Roumaine	2

Composition de la population par nationalité

Nationalité	Habitants		Total	Pourcentage Habitants	
	féminin	masculin		féminin	masculin
algérienne		1	1		0,10%
allemande	15	25	40	1,54%	2,49%
américaine	5	4	9	0,51%	0,40%
australienne	2	1	3	0,21%	0,10%
autrichienne	2		2	0,21%	
bangladesh		1	1		0,10%
belge	16	13	29	1,65%	1,30%
brésilienne	13	7	20	1,34%	0,70%
britannique	11	10	21	1,13%	1,00%
bulgare	2		2	0,21%	
burundais	1		1	0,10%	
camerounaise	8	2	10	0,82%	0,20%
cap-verdienne	2	1	3	0,21%	0,10%
chinoise	1	1	2	0,10%	0,10%
colombienne	2		2	0,21%	
espagnole	5	9	14	0,51%	0,90%
française	12	26	38	1,23%	2,59%
grecque	1		1	0,10%	
guinée-bissau	1		1	0,10%	
hongroise	1	1	2	0,10%	0,10%
indéterminée		1	1		0,10%
indienne	2	4	6	0,21%	0,40%
irlandaise	6	5	11	0,62%	0,50%
italienne	11	14	25	1,13%	1,40%
kosovare	2	2	4	0,21%	0,20%
lituanienne	2	2	3	0,21%	0,10%
luxembourgeoise	707	726	1.433	72,74%	72,38%
malgache	2	1	3	0,21%	0,10%
marocaine	4	2	6	0,41%	0,20%
mauricienne	3	1	4	0,31%	0,10%
monténégrine	1		1	0,10%	
néerlandaise	9	10	19	0,93%	1,00%
philippine	2		2	0,21%	
polonaise	8	9	17	0,82%	0,90%
portugaise	81	102	183	8,33%	10,17%
roumaine	5	5	10	0,51%	0,50%
russe	2	1	3	0,21%	0,10%
sénégalaise	1		1	0,10%	
serbe		1	1		0,10%
slovaque	3	3	6	0,31%	0,30%
slovène	2		2	0,21%	
suisse	1	1	2	0,10%	0,10%
syrienne	4	2	6	0,41%	0,20%
tchèque		2	2		0,20%
togolaise					
tunisienne	1	1	2	0,10%	0,10%
turque		1	1		0,10%
ukrainienne	7	3	10	0,72%	0,30%
vietnamienne		1	1		0,10%
zimbabwéenne	1		1	0,10%	
	2	1	3	0,21%	0,10%
Total	972	1.003	1.975	100,00%	100,00%



BAM FIR DÉI NEIGEBUERE BIERGER

De 26. Mäerz kruten déi Neigebuere vun 2024 aus der Gemeng de Certificat vun hirem Bam iwwerreecht, den se duerno vum techneschen Déngscht heem geliwwert kruten. Op der Wiss beim Gemengenatelier gouf fir all déi Kanner bei deem Ulass och e Prommebam geplazt. D'Kanner mat hire Gesëchter hate Freed drunn, mat hirer Schëpp ze hëllefen, fir d'Lach zouzeschëppen. Duerno huet d'Gemeng e Patt mat engem Schnittchen zu Beschte ginn.

D'lescht Joer sinn an eiser Gemeng 13 Kanner op d'Welt komm, vun deenen hunn 10 Elterendeeler geäntwert, fir e Bam fir si ze kréien. Ausgeliwwert goufen 2 Äppelbeem, 2 Kiischtebeem, 2 Prommebeem, 1 Käschtbam, 2 Nëssteren an 1 Mirabellebam. Dës Beem dierfen elo hei an der Gemeng gedeien, genau esou ewéi d'Kanner deenen hir et sinn.

Text a Fotoen: Martine Dimmer





KANNERFUESBAL ZU WALDBËLLEG ËNNER DEM MOTTO „ZIRKUS“

D'Elterevereenegung Waldbëlleg huet de 9. Mäerz hire Kannerfuesbal organiséiert – dëst Joer ënner dem faarwege Motto „Zirkus“.

Gutt Musek an eng flott Animatioun hu fir gutt Stëmmung gesuergt a vill Kanner koume verkleet an hirem léifste Kostüm op d'Fest.

Ab 11 Auer konnt een eppes Guddes iessen – vu Mëttag-iesse bis Kuch, Popcorn a séiss Kamellentuut war fir alles gesuergt.

Och wa Buergerzonndeg a vill aner Manifestatioune parallel stattfonnt hunn, hunn d'Kanner an hir Elteren sech dach gutt ameséiert.

Mir freeën eis elo schon op déi nächst Editioun am Joer 2026!

Elterevereenegung Waldbëlleg





PAR MËLLERDALL ST. MÉCHEL

PAROISSE MULLERTHAL ST MICHEL

**Informatiounen fir déi Elteren, déi interesséiert sinn,
datt hir Kanner eng reliéis Formatioun kréien.**

Katechees an der Par gëtt während der Schoulzäit organiséiert, entweder dënschdes, donneschdes nomëttes oder samschdes am Laf vum Dag.

Déi éischt helleg Kommioun kann een dann am Laf vum 3. Joer Katechees maachen. Och no der Kommioun gëtt d'Katechees weider ugebueden.

D'Aschreiwunge fir d'Katecheesejoer **2025/26 gi bis den 22. August am Parbüro** an der Fiels (2, rue du Pain – L-7623 Larochette) ugeholl.

Den Aschreiwungsziedel fannt Dir op eisem Internetsite <https://web.cathol.lu/article11115> oder mat Hëllef vum QR-Code.

Fir weider Informatiounen schéckt eis wgl. eng Mail op cate.mellerdall@cathol.lu oder rufft un um Parbüro (Tel. 83 70 91).

De Parbüro ass zou vum 17. Juli bis den 11. August nach mat. Dir kënnt awer Är Kanner während dëser Zäit aschreiwen.

**Information aux parents intéressés à la formation
religieuse de leurs enfants.**

La catéchèse en paroisse est organisée pendant la période scolaire, ou les mardis et les jeudis dans l'après-midi ou bien les samedis.

La première communion se fait alors pendant la 3e année de catéchèse. La catéchèse sera aussi organisée après la 1^{ère} communion.

Les inscriptions pour l'année de catéchèse **2025/26 se font jusqu'au 22 août au bureau paroissial** (2, rue du Pain – L-7623 Larochette). Vous trouverez le formulaire d'inscription sur notre site internet <https://web.cathol.lu/article11115> ou à l'aide du Code QR.

Pour plus d'informations veuillez nous envoyer un courriel à cate.mellerdall@cathol.lu ou téléphoner au bureau paroissial (tél. 83 70 91).

Le bureau sera fermé du 17 juillet au 11 août inclus, mais vous pouvez bien sûr inscrire vos enfants pendant cette période.



Firmung

Déi nächst Firmung an eiser Par fënnt am Summer 2026 statt; eng Rei reliéis Aktivitéite gi fir déi Jonk, déi sech wëlle firme loossen vum Hierscht 2025 un organiséiert. Viraussetzung fir d'Firmung kënnen ze maachen, ass datt e virum **1. September 2010** gebuer ass.

Fir weider Informatiounen kënnt Dir uruffen am Parbüro um Telefon 83 70 91, vu méindes bis freides, ausser donneschdes, zwëschen 8:30 an 11:30 Auer.

Den Aschreiwungsformular fannt Dir iwwer deen heite Link: <https://web.cathol.lu/article13065> oder iwwer de QR-Code. Schéckt eis wgl. de Formular bis spéitstens **den 22. August 2025 an de Parbüro – B.P. 40 – L-7601 Larochette** eran.

Confirmation

La prochaine confirmation dans notre paroisse aura lieu en été 2026; une série d'activités religieuses est organisée pour les confirmands à partir de l'automne 2025. Condition pour faire la confirmation est d'être né avant le **1^{er} septembre 2010**.

Pour plus d'informations vous pouvez téléphoner au bureau paroissial (tél. 83 70 91), du lundi au vendredi, sauf le jeudi, entre 8h30 et 11h30.

Vous pouvez vous inscrire jusqu'au **22 août 2025**. Téléchargez la fiche d'inscription à l'aide du lien suivant: <https://web.cathol.lu/article13065> ou à l'aide du Code QR. Prière d'envoyer la fiche au **bureau paroissial – B.P. 40 – L-7601 Larochette**.



Foto: Damaris





ÉISCHT HELLEG KOMMIOUN ZU WALDBËLLEG



No 3 Joer Katechees hu samschdes, de 17. Mee déi heite Kanner zu Waldbëlleg hier éischt helleg Kommioun gemaach: Angelo Guerreiro Mota, Léini Hild, Céline Mannes, Cédric Marbes, Clara Marques Valente, Charel a Jeff Muller, Marco Muszalski, Dylan Rodrigues Prime.

D'Kommioun stung ënnert dem Theema: Dénge/Hëllef wéi de Jesus.

Um Wee fir an d'Kierch huet eis déi Waldbëlleger Musek begleitet.

D'Kommiounsmass ass gesonge gi vun de Kanner a Sang mat Waldbëlleg-Haler/Beefort.

No der Mass huet d'Par, a Form vun enger Orchidee oder enger Këscht Knippercher, deene Merci gesot déi sech benevole an der Katechees an an der Kierch engagéieren.

Fotoen: Claude Ries





BUERGEN AN DER GEMENG

Buerg um Hougeriicht: Sonndes, den 9. Mäerz huet de Club des Jeunes d'Buerg zu Chrëschtnesch um Hougeriicht gebrannt.

Zu Haler war d'Buergbrenne vun den Haler Lett, zu Waldbëlleg vun de Frënn vun de Pompjeeën.

*Fotoen: Chrëscht Berens, Michèle Duschang,
Damaris Pletschette, Marc Barthelemy*



BUERGBRENNEN ZU HALER

Och 2025 ass zu Haler nees versicht ginn, de Wanter duerch d'Buergbrennen ze verdreiwen. Iwwregens huet dat Wuert „Buergbrennen“ näischt mat enger Buerg ze dinn, mee huet sech entwéckelt aus dem latäineschen „comburere“, wat souvill heescht wéi „verbrennen“.

Mee fir sou e grousst Feier ze maache muss well vill am Virfeld preparéiert ginn. Duerfir ass de 6. Februar eng Preparatiounsversammlung an Haupescht (Merci un d'Esther an de Chrëscht) gehale ginn, wou och di eenzel Tachë verdeelt goufen. Zum Beispill muss d'Plaz op där d'Kräiz soll opgeriicht ginn ugefrot ginn, sou wi och di Plaz wou d'Zelter duerno solle stoen. D'Stämm fir d'Kräizer ze bauen, mussen organiséiert ginn an de léiwe Mënsch deen d'Lach buere kënnt muss och gefrot ginn. Des Weidere Flyere maachen an ausdeelen, eng lecker Gulaschzopp kachen, Gedrénks a Grillgeschier organiséieren, an nach zeg aner Saachen.

Den 9. Mäerz war et da souwäit. Dëst Jar war et relativ spët, aner Jare war et meistens am Februar. Interessant ze wëssen ass, datt deen Datum vum Vollmound ofhänkt. An zwar ass d'Buergbrennen ëmmer sonndes no Äschermëttwoch, an deen ass ëmmer 46 Deeg virun Ouschteren. Ouschtersonndeg selwer ass deen éischte Sonndeg no dem éischte Vollmound nom Fréijarsufank.

Wi all Jar ass et moies em 10 Auer well lassgaangen, een Deel vun den Haler Lett huet sech op der Hicht versammelt, während anerer nach doheem di lescht Preparatiounsarbeit gemaach hunn.



Lass gong et domat, datt e puer méi oder manner sportlecher sech zu Fouss hanner dem Trakter mam Kipper op de Wee gemaach hunn, fir Brennmaterial duerch d'Duerf sichen ze fueren. An der Tëschenzäit goufen op der Hicht dann d'Zelter an de Grill opgeriicht, Gedrénkskësten erbäigeschleeft, e Gasbrenner installéiert, Feier gemaach an, ganz wichteg, eng Plaz fir de Paangech-Mann ageriicht.

Et heescht: E gudde Plang ass di hallef Aarbecht. An effektiv, di gutt Preparatioun huet hir Friichte gedroen. Et ware keng gréisser Probleemer opgetrueden an duerfir konnt och relax geschafft ginn an et war awer alles zur Zäit fäerdeg. Souguer de Péitruss huet matgespillt, et war e Wieder fir ze genéissen. Deemno war och d'Stëmmung excellent.

Ginnt Mëtteg gouf da mat guddem Appetit zesumme giess. Zum Gegrills gehéieren natierlech och lecker selwer gemaachten Zaloten an en Dessert. E gudde Patt huet och net gefeelt.

Nomëttes goufen dann di 2 Kräizer zesummegeneelt, ee grousst an ee manner grousst, dat vun den Haler Kanner opgeriicht gouf. An dat wi all Jar mat vollem Asaz. Si hu souguer hiert eegent Lach gegruewen. Mol mat méi, mol mat manner Motivatioun. Wann mol ee „midd“ war, huet en aneren iwwerholl.

Hei soll se hikommen.



Jiddereen huet eng Hand mat ugepaakt.



Lo ass d'Lach awer grouss genuch!



No enger strenger Stabilitéitskontroll koum den OK fir d'Opriichten.





Sou huet dat alt rëm eng Kéier tipptopp geklappt an owes stung och d'Kannerbuerg niewent där grousser op den Highlight vum Dag ze waarden.

Dee war da ginnt 7 Auer, och wann et nach net ganz däischer war. Vill Lett wollten sech dee Spektakel net entgoe loossen a sou waren och dëst Jar nees „Net-Haler-Awunner“ bei der Wanterverdreiwung derbäi. Awer net nëmmen duerfir, mee och fir eng lecker Gulaschzopp, e Paangech oder eppes vum Grill z'iessen, e Patt ze drénken, an och fir ze poteren. De Wanter iwwer gesäit een sech jo net sou dacks, an da kënnt sou eng gemeinsam Duerfaktivitéit nawell zupass, fir Neiegkeeten auszetauschen.

Bäim Haler Buergbrenne gëtt et jo keng Präislëscht, duerfir stung nees eng flott selwer gebaute Spendekëscht mat hirem perséinlechen Oppassert do.

Déi Këscht gëtt vun all de Lett gefiddert, normalerweis jee nodeem wat si giess a gedronk hunn. Allerdéngs gouf och festgestallt, datt d'Indexerhéigungen


nach net an der Spendekëscht ukomm sënn.

Nodeems de Groussdeel vun de Buerge verbrannt war, gung et un d'Ofriichten. An och hei huet gegollt: „Viele Hände, schnelles Ende“. Dowinnst war et op der Hicht och bei kengem spéit ginn. Wéi laang et bäi eenzelnen duerno doheem nach gaangen ass ...?

Wi all di Jare virdrun, sënn och dëst Jar di gesammelt Sue gespent ginn. Den 9. Abrëll krut d'ALD, d'Association luxembourgeoise du diabète, e Scheck vun 1.000 € iwwerreecht an si huet sech an hir Aktivitéiten natierlech virgestallt. Duerno ass dee sympatheschen Owend mat engem leckeren Owesiessen, dat jidderee wi ëmmer aus eegener Täsch finanziert huet, gemittlech ausklénge gelooss ginn.

D'Fotoen an den Text si vun den Haler Lett.





Service Bummelbus

Le service Bummelbus est un service de transport collectif urbain et non urbain à la demande porte-à-porte complémentaire aux transports publics et privés.

Qui peut profiter de ce service ?

Toute personne vivant sur le territoire des communes partenaires du Bummelbus souhaitant se déplacer, de façon confortable, sûre et flexible, peut profiter de ce service pour des trajets de courte distance. Le Bummelbus est un complément aux transports publics et offre un service porte-à-porte.

Comment fonctionne-t-il ?

Le centre d'appels est à l'écoute du client et la demande de trajet est enregistrée et planifiée selon capacité et disponibilité. Le centre d'appels est en relation constante avec les clients et les chauffeurs.

En collaboration avec les communes partenaires, le Bummelbus offre un moyen de transport à la demande pour les adultes afin d'aller faire leurs courses, visites médicales, activités pour le troisième âge, restaurant, coiffeur, travail, etc... ainsi que pour les jeunes pour se rendre à leur entraînement sportif, école de musique, maison relais, crèche, école de danse, cours d'équitation, etc.

Réservation :

- via l'application mobile Bummelbus
- via E-mail : bummelbus@fpe.lu
- via téléphone au 26 80 35 80
du lundi au vendredi de 07h00 à 21h00



Forum
pour l'emploi.

36, Z.A.E.R. Op der Héi
L-9809 Hosingen



DÉI EENZEG BRENNEREI AN DER GEMENG: D'FRECKEISENER DISTILLERIE



D'Famill Buchholtz huet säit 2011 hiert Bauerenhaus zu Freckeisen. Si hate gläich decidéiert, d'Brennerei mam Bongert dobäi ze erhalten a weider ze bedriwen a goufen am Ufank vum Virbesëtzer ënnerstëtzt.

D'Freckeisener Distillerie huet kleng ugefaang, mee de Spaass um Hobby ass ëmmer méi grouss ginn: Fortbildungscoursen, eng nei Anlag, méi verschidden Zorte vu Brantewäin.

Klassesch Zorte wéi Quitt, Mirabell, Neelchesbier, Quetsch, Promm, Apel ...: Déi Friichte kann een an der Ëmgéigend fannen, mee och aner Drëppe wéi Hondsaarsch a Spackelter sinn am Sortiment. Da gi Liqueure wéi Schléif, Hammibier a Kiischt ugebueden.

Wat ass wichteg, fir eng gutt Drëpp ze maachen? Eng gutt Qualitéit vu Friichten, vrun allem propper, déi richteg Temperaturen – a vill Zäit.

Méi Informatiounen fannt Der op dem Site vun der „Freckeisener Distillerie“ 2022.freckeisener-distillerie.lu.

D'Brennerei schafft vrun allem mat lokalen a regionale Produiten: Dofir, wann Dir an Ärem Bongert Friichten zevill hutt, d'Brennerei vun der Famill Buchholtz kënn se gär bei Iech sichen.

Kontakt:

Maison 11
L-7649 Freckeisen
Tel. 621 22 81 89
E-Mail: info@freckeisener-distillerie.lu

*Text: Isabelle Oberlé,
Fotoen: Isabelle Oberlé, Famill Buchholtz*



DEN NATUR- & GEOPARK MÖLLERDALL AN DER ĚMFRO!

D'Entwécklung vum Natur- & Geopark Möllerdall ass méi ewéi spannend. No der Gemeng Reisduerf huet d'Gemeng Ärenzdall gefrot, fir kënnen do bäizetrieden.

D'Awunner vun den NPGM-Gemenge sinn elo gefrot, selwer matzebestëmmen, wéi et soll virugoen. Dofir ka jiddwereen bei enger Ěmfro matmaachen. Entweder anonym, oder mat sengem Numm; da kann een esouguer Präisser gewannen.

Den **28. Juni** ass eng Informatiounsversammlung zu Steenem, vun 9 Auer moies bis hallwer 2 mëttes. Do kënnt Dir direkt matschwätzen.

Matgedeelt vum Team NPGM



Fir d'Ěmfro a fir d'Umellung op den Dag zu Steenem kënnen déi heite QR-Codë benotzt ginn:



D'HEINZELMÄNNERCHER

Äre service de PROXIMITÉ



Offre spéciale d'été / Sommerangebot

Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs
d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.
Déngschtleschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit
ab 60 Joer oder Hëllefbedierfteger.

Nous offrons :

Travaux de jardinage

Entretien du potager et de la pelouse, arrosage, taille, etc.

Travaux de bricolage

Réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.

Divers

Garde de votre maison pendant votre absence, promenade de chiens, courses, etc.

Wir bieten an:

Gartenarbeiten

Pflege des Gemüsegartens und des Rasens, gießen, Hecken schneiden usw.

Instandsetzungsarbeiten

Reparaturen, Hochdruckreinigung, Malerarbeiten usw.

Verschiedenes

Hüten des Hauses während Ihrer Abwesenheit, Hunde Gassi führen, Einkäufe usw.



Tarif TTC | inkl. MwSt: 20€ par heure et salarié | pro Stunde & Mitarbeiter
9€ par heure et machine | pro Stunde & Maschine

TÉL.: 28 80 80

A photograph of a field of yellow dandelions in full bloom. The flowers are bright yellow with dark centers, and their green stems and leaves are visible. In the background, there is a green field, a fence, and distant hills under a blue sky with scattered white clouds.

Foto: Damaris

KLIMAPAKT AN NATURPAKT //
PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE

WALDBILLIG ACCÉLÈRE SA TRANSITION VERS UNE COMMUNAUTÉ INTELLIGENTE

La commune de Waldbillig est en pleine transformation numérique grâce au projet innovant « Waldbillig gött Digital ». Ce projet ambitieux vise à moderniser la commune en utilisant des technologies de pointe pour améliorer la qualité de vie de ses habitants et renforcer l'efficacité des services communaux. Voici un aperçu détaillé des trois principaux cas d'utilisation qui composent ce projet.

Totem interactif pour une communication numérique

Le premier volet du projet « Waldbillig gött Digital » consistait en l'installation d'un totem interactif devant la commune de Waldbillig. Ce totem interactif est conçu pour faciliter la communication numérique des informations publiques aux citoyens. Il a permis aux habitants de consulter les dernières nouvelles, les événements à venir, les annonces communales et bien plus encore, de manière simple et accessible. Le totem interactif représente une avancée significative vers une commune plus connectée et transparente, où l'information est facilement accessible à tous.

Modernisation des compteurs d'eau

Le deuxième volet du projet concerne la modernisation des compteurs d'eau analogiques domestiques. Plus de 100 compteurs d'eau ont été remplacés par des compteurs intelligents, permettant une surveillance plus efficace de la consommation d'eau globale de la commune. Les compteurs intelligents offrent de nombreux avantages, notamment la possibilité de détecter les fuites d'eau rapidement, de suivre la consommation en temps réel et de fournir des données précises pour une gestion optimale des ressources en eau. Cette initiative contribuera à la préservation de l'environnement en encourageant une utilisation responsable de l'eau et en réduisant le gaspillage.

Connectivité Internet rapide via 5G

Le troisième volet du projet « Waldbillig gött Digital » est la fourniture d'une connectivité Internet rapide via un accès fixe sans fil 5G. Cette initiative vise à offrir aux foyers de la commune participant une connexion Internet de haute qualité, essentielle dans notre monde de plus en plus connecté. Grâce à la technologie 5G, les habitants ont pu



bénéficier de vitesses de téléchargement et de téléversement nettement supérieures à celles des connexions traditionnelles. Cela a permis non seulement d'améliorer l'accès à l'information et aux services en ligne, mais aussi de favoriser le télétravail et l'apprentissage à distance, des pratiques devenues courantes depuis la pandémie de Covid-19.

Le projet « Waldbillig gött Digital » a eu un impact considérable sur la communauté. En améliorant la connectivité Internet, la commune facilite l'accès à l'information et aux services en ligne, ce qui est particulièrement bénéfique pour les jeunes, les professionnels et les personnes âgées. La modernisation des compteurs d'eau contribue à une gestion plus efficace des ressources en eau, un enjeu crucial dans le contexte actuel de changement climatique. Enfin, le totem interactif renforce la communication entre la commune et ses citoyens, favorisant ainsi une participation plus active à la vie communautaire.

Pour plus d'informations sur le projet, n'hésitez pas à consulter la vidéo « 5G & me » qui offre un aperçu détaillé des différentes initiatives et de leur impact sur la communauté.



<https://www.youtube.com/watch?v=Lwe4Dplgs-k>

Filipe Soares
Foto : commune de Waldbillig



GoGo VELO 2025 :

La campagne de promotion du vélo s'étend aux communes et régions

En 2024, ProVelo asbl et Klima-Bündnis Lëtzebuerg ont, avec le soutien du ministère de la Mobilité, lancé une nouvelle campagne vélo sous le nom de GoGo VELO. Cette campagne, qui vise à toucher un public aussi large que possible, a remplacé des actions existantes comme le « MVOS - Mam Vëlo op d'Schaff » ou encore le « Tour du Duerf ».

GoGo VELO est basé sur un concept connu en Allemagne sous le nom de « Radbonus ». Radbonus propose une application spéciale aux participants. Les utilisateurs et utilisatrices collectent via cette application les kilomètres qu'ils ont parcourus et sont encouragés, par le biais d'une multitude de petits et grands « incitatifs », à participer à différents défis en matière d'utilisation du vélo pendant une période déterminée. En même temps, les participants peuvent donner leur avis sur l'état des infrastructures cyclables via l'application et contribuer ainsi à les améliorer.

En 2025, la campagne GoGo VELO aura lieu deux fois, la première édition ayant eu lieu du 22 avril au 31 mai et pour laquelle a été prévu d'introduire une compétition spéciale pour lycées.

Pour la deuxième campagne, qui aura lieu du 8 septembre au 19 octobre, l'idée est d'y faire participer activement les communes et régions, en leur donnant la possibilité de créer leurs propres défis et incitatifs, à destination de leurs habitants. Concrètement, une commune – respectivement une région – devra pour cela définir une mission, poser 1 à 5 challenges (p.ex. un minimum de kilomètres à vélo à accomplir ou encore un nombre minimum de journées d'utilisation du vélo endéans une période) et définir une ou plusieurs récompenses qui seront attribuées, par tirage au sort, parmi tous ceux ayant accompli le(s) défi(s) avec succès.

À la fois les défis et les récompenses doivent être soumis au même moment par la commune/région participante moyennant un formulaire, pour les prix, il est évidemment souhaitable de travailler avec des sponsors locaux. Au moment de s'inscrire, un habitant pourra – en outre des défis et récompenses nationaux – également s'inscrire, via un code d'accès spécial, aux défis et récompenses de sa région/commune.

WEBUYSOCIALEU : Pour un meilleur accès aux marchés publics socialement responsables

Dans un monde où chaque achat peut faire la différence, exploiter le potentiel de la commande publique pour le bien social n'est pas seulement un choix, mais une opportunité unique ! Les acheteurs publics sont des investisseurs majeurs et des indicateurs de marché en Europe, avec les marchés publics représentant environ 14 % du PIB de l'UE. Imaginez : cela pourrait-il être fait de manière plus responsable et sociale ?



WeBuySocialEU est une initiative de la Commission européenne qui montre comment l'utilisation des marchés publics peut aider à atteindre des objectifs sociaux ambitieux à travers l'UE. Grâce à une série d'activités sur mesure, WeBuySocialEU permet aux acheteurs publics et aux entités de l'économie sociale de maximiser l'impact des marchés publics socialement responsables.

Avec des événements de formation adaptés et une campagne de communication à l'échelle de l'UE, WeBuySocialEU encourage les autorités contractantes à intégrer des considérations sociales dans leurs politiques et pratiques d'achat. Parallèlement, elle soutient les acteurs de l'économie sociale dans la compréhension et la participation efficace aux procédures de marchés publics. Cet effort vise également à favoriser la collaboration et la compréhension mutuelle entre l'économie sociale et le secteur public à travers l'UE.

Le guide de formation WeBuySocialEU, présenté lors de la conférence du 29 janvier à Luxembourg, offre une vue d'ensemble des objectifs, des méthodes et des avantages de cette démarche.

La formation WeBuySocialEU a pour but de sensibiliser les participants aux enjeux des marchés publics socialement responsables. Elle vise à :

- Concevoir des procédures d'appel d'offres accessibles à l'économie sociale.
- Intégrer des considérations sociales tout au long du processus de passation de marché.

- Améliorer la connaissance du fonctionnement et de l'offre des entités de l'économie sociale au Luxembourg.
- Répondre efficacement aux appels d'offres publics incluant des considérations sociales.

Pour la commune de Waldbillig, Filipe Soares a participé à la formation au Conference Centre & Training Centre de la Chambre de commerce à Luxembourg.

WeBuySocialEU représente une opportunité unique pour les acheteurs publics de contribuer à un avenir plus équitable et durable. En intégrant des considérations sociales dans les marchés publics, les acheteurs publics peuvent devenir des acteurs clés de cette transformation. La collaboration entre l'économie solidaire, le secteur privé et les acheteurs publics est essentielle pour maximiser l'impact des politiques d'achat socialement responsables sur les droits humains et l'environnement.

Pour en savoir plus sur l'initiative WeBuySocialEU, vous pouvez consulter les ressources disponibles sur <https://www.aeidl.eu/webuysocialeu/>.


Filipe Soares

Source : WeBuySocialEU

Photo : ©AEIDL / #WeBuySocialEU



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG



Strom teilen: So nutze ich optimal meine erneuerbare Stromproduktion

Erneuerbare Energien sind eine nachhaltige Lösung für unsere Stromversorgung. Doch nicht jeder kann eine eigene Photovoltaikanlage installieren. Hier bietet das Teilen vom Strom eine interessante Möglichkeit: Sie ermöglichen es Bürgern, einzeln oder gemeinsam erzeugten Strom effizient zu nutzen und so ihre Kosten zu senken.

In diesem Zusammenhang gibt es 3 Modelle für den Verbrauch des erzeugten Stroms:

1. **Individueller Eigenverbrauch:** Der von der Solaranlage erzeugte Strom wird selbst genutzt. Überschüsse werden ins Netz eingespeist, wobei der Schwerpunkt auf der Maximierung des Eigenverbrauchs liegt.
2. **Kollektiver Eigenverbrauch:** Mehrere Abnehmer in direkter Nähe teilen den erzeugten Strom. Dies kann zum Beispiel bei Mehrfamilienhäusern interessant sein, da es die Nutzung des Solarstroms erhöht.
3. **Energiegemeinschaften:** Energiegemeinschaften gehen über den kollektiven Eigenverbrauch hinaus. Sie ermöglichen es, lokal oder regional erzeugten Strom mit anderen Verbrauchern zu teilen.

Was ist eine Energiegemeinschaft?

Energiegemeinschaften sind Zusammenschlüsse von Personen, die gemeinsam Strom produzieren, nutzen und untereinander handeln. Erzeuger, die in Photovoltaik-Anlagen investieren, können so überschüssigen Strom an andere Mitglieder der Gemeinschaft verkaufen oder sich mit anderen Erzeugern zusammenschließen, um eine bessere Nutzung des Solarstroms und eine erhöhte Rentabilität der Anlage zu erreichen.

Für die Gründung einer Energiegemeinschaft sind nur wenige Schritte nötig: Die Mitglieder schließen sich in einer Gesellschaft zusammen, regeln die finanziellen Rahmenbedingungen und schließen ein Abkommen mit dem Netzbetreiber.

Technische Änderungen an den Anlagen müssen nicht vorgenommen werden. Zwei Varianten von Energiegemeinschaften stehen zur Auswahl:

- **Lokale Energiegemeinschaft:** Strom wird zwischen Teilnehmern ausgetauscht, die maximal 300 Meter voneinander entfernt sind. Die Netznutzungsgebühren (Netztarif) entfallen.
- **Nationale Energiegemeinschaft:** Mitglieder können unabhängig vom Standort teilnehmen, allerdings fallen für den Verbrauch die üblichen Netztarife an.

Mehr Informationen unter klima-agence.lu/de/energiegemeinschaft oder wenden Sie sich an Ihren Klima-Agence-Berater, um Ihr Projekt zur Erzeugung erneuerbarer Energie erfolgreich umzusetzen.



SDK Geliefte
Klimaschutz
SuperDrecksKëscht®



www.sdk.lu

Lachgas

Was Sie wissen sollten

Im Rahmen der Aktion SuperDrecksKëscht® wurden in den letzten Jahren zunehmend größere Mengen an Lachgaskartuschen abgegeben. Waren es 2022 noch rund 40 kg, stieg die Menge 2023 auf über 2 Tonnen, 2024 sogar auf fast **6 Tonnen**. Dieses Abfallprodukt tritt immer häufiger bei der SDK und in den Ressourcencentern auf – unter anderem, weil Lachgas vermehrt als Partydroge konsumiert wird.

Tipps

Behälter sind bei normalen Temperaturen ungefährlich. Bei direkter Sonneneinstrahlung kann die Erhitzung zu einem Druckanstieg führen, eine Explosion ist nicht auszuschließen. Befolgen Sie generell die Anweisungen des Herstellers und des Händlers. Gehen Sie besonders mit nicht entleerten Flaschen vorsichtig um.

Gaz hilarant

Ce qu'il faut savoir

*Dans le cadre de l'action SuperDrecksKëscht®, on a distribué ces dernières années de plus en plus de cartouches de gaz hilarant. En 2022, alors qu'il pesait encore environ 40 kg, la quantité a atteint plus de 2 tonnes en 2023 et presque **6 tonnes** en 2024. Ce déchet se retrouve de plus en plus souvent dans les SDK et les centres de ressources - entre autres parce que le protoxyde d'azote est de plus en plus consommé comme drogue de fête.*

Conseils

Les récipients ne présentent aucun danger à des températures normales. En cas d'exposition directe au soleil, l'échauffement peut entraîner une augmentation de la pression et une explosion ne peut être exclue. En règle générale, suivez les instructions du fabricant et du distributeur. Manipulez les bouteilles avec précaution, surtout si elles ne sont pas vides.



Informationen

Medizin:

In der Medizin wird schon seit dem 18. Jahrhundert Lachgas zur Schmerzbehandlung eingesetzt. Das Schmerzmittel ist eine Mischung aus Lachgas und Sauerstoff.

Lebensmittel:

Lachgas wird heute hauptsächlich in der Lebensmittelindustrie verwendet um z.B. Schlagsahne herzustellen. Es wird in Druckkartuschen als Treibmittel genutzt, um die Sahne aufzuschäumen und aus der Dose zu sprühen. Lachgas wird manchmal in Kaffee eingesetzt, um eine samtige Textur und feine Bläschen zu erzeugen. Es ist geschmacksneutral wodurch es sich besonders gut für Lebensmittelanwendungen eignet.

Lachgaspartys:

Lachgas ist hinter Cannabis und Ecstasy die am häufigsten konsumierte Droge, weil es einen kurzen euphorischen Kick auslöst.

Umweltdaten:

- Starkes Treibhausgas; etwa 300-mal höhere Treibhauswirkung als CO₂
- Trägt somit zur globalen Erwärmung bei
- Beeinträchtigt die Ozonschicht

Médecine :

En médecine, le gaz hilarant est utilisé pour traiter la douleur depuis le XVIII^e siècle. L'antidouleur est un mélange de gaz hilarant et d'oxygène.

Produits alimentaires :

Le gaz hilarant est aujourd'hui principalement utilisé dans l'industrie alimentaire pour produire p. ex. de la crème fouettée. Il est utilisé dans des cartouches sous pression comme agent propulseur pour faire mousser la crème et la vaporiser à partir du récipient. Le gaz hilarant est parfois utilisé dans le café pour créer une texture veloutée et des bulles fines. Il est neutre au goût et non réactif, ce qui le rend particulièrement adapté aux applications alimentaires.

Fêtes au gaz hilarant :

Le gaz hilarant est la drogue la plus consommée après le cannabis et l'ecstasy, car il provoque une brève sensation d'euphorie.

Données environnementales :

- Puissant gaz à effet de serre, environ 300 fois plus puissant que le CO₂
- Contribue au réchauffement climatique
- Affecte la couche d'ozone



Korrekt entsorgen: Mobile Sammlung der SDK oder Ressourcencenter

Elimination correcte : Collecte mobile de la SDK ou Centre de ressources



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBËLLIG

Protégeons nos amphibiens : une mission pour tous les citoyens de notre commune

Les amphibiens, tels que les salamandres, tritons et grenouilles, jouent un rôle essentiel dans nos écosystèmes. En régulant les populations d'insectes et en étant une ressource importante dans la chaîne alimentaire, ils contribuent à maintenir l'équilibre naturel. Cependant, ces espèces sensibles sont particulièrement vulnérables, notamment pendant leurs migrations saisonnières.

Chaque année, au printemps (mars-avril) et en automne (septembre-novembre), les amphibiens migrent pour rejoindre leurs habitats essentiels. Au printemps, ils quittent leurs sites d'hivernage pour se reproduire dans des mares et étangs. À l'automne, ils se déplacent vers leurs refuges pour l'hiver. Ces migrations, bien que vitales pour leur survie, les exposent à des dangers lorsqu'ils traversent routes et pistes cyclables.

Leurs déplacements sont déclenchés par des conditions météorologiques spécifiques. Les nuits pluvieuses et humides, combinées à des températures douces (entre 5 et 15 °C), sont particulièrement propices à leur migration. L'humidité les protège du dessèchement, tandis que les températures modérées stimulent leur activité. Ces périodes critiques correspondent aux moments où les amphibiens sont les plus exposés aux risques, notamment l'écrasement par les véhicules ou vélos.

En tant qu'usagers des routes et pistes cyclables, nous pouvons tous agir pour limiter ces dangers. Ralentir et rester attentifs lors des nuits pluvieuses ou pendant les périodes de migration peut faire une grande différence. Si vous observez des zones particulièrement fréquentées par les amphibiens, informez-en l'Administration de la nature et des forêts (ANF). Ces signalements permettent d'identifier les points sensibles et d'envisager des solutions pour mieux les protéger.

Les amphibiens sont des indicateurs précieux de la santé de notre environnement. En les protégeant, nous contribuons à préserver la biodiversité et la richesse naturelle de notre commune. Ensemble, nous pouvons agir pour garantir la survie de ces espèces fragiles qui jouent un rôle clé dans nos écosystèmes.

Pour signaler des passages fréquents ou obtenir plus d'informations, contactez l'ANF ou visitez la page internet dédiée :

Schützen wir unsere Amphibien: Eine Aufgabe für alle Bürger unserer Gemeinde

Amphibien wie Salamander, Molche und Frösche spielen eine entscheidende Rolle in unseren Ökosystemen. Sie regulieren Insektenpopulationen und dienen zahlreichen Tieren als wichtige Nahrungsquelle. Dadurch tragen sie wesentlich zum ökologischen Gleichgewicht bei. Doch diese empfindlichen Arten sind besonders gefährdet, insbesondere während ihrer saisonalen Wanderungen.

Jedes Jahr wandern Amphibien im Frühjahr (März-April) und Herbst (September-November) zu ihren lebenswichtigen Lebensräumen. Im Frühjahr verlassen sie ihre Winterquartiere, um sich in Teichen und Weihern fortzupflanzen. Im Herbst suchen sie geschützte Orte für den Winterschlaf. Diese Wanderungen, die für ihr Überleben entscheidend sind, bringen sie häufig in Gefahr, besonders beim Überqueren von Straßen und Radwegen.

Ihre Wanderungen werden von bestimmten Wetterbedingungen beeinflusst. Feuchte Nächte mit Regen und milden Temperaturen (zwischen 5 und 15 °C) schaffen ideale Voraussetzungen für ihre Bewegung. Die Feuchtigkeit schützt sie vor dem Austrocknen, während die angenehmen Temperaturen ihre Aktivität fördern. Genau in diesen Zeiten sind Amphibien besonders gefährdet, da sie auf Straßen und Radwegen leicht übersehen werden und überfahren werden können.

Als Nutzer von Straßen und Radwegen können wir dazu beitragen, diese Risiken zu minimieren. Fahren Sie langsamer und seien Sie aufmerksam, besonders an regnerischen Abenden oder während der Wanderzeiten. Wenn Sie Bereiche bemerken, in denen Amphibien häufig unterwegs sind, melden Sie dies bitte der Naturverwaltung (ANF). Solche Meldungen helfen dabei, sensible Stellen zu identifizieren und geeignete Schutzmaßnahmen umzusetzen.

Amphibien sind wertvolle Indikatoren für die Gesundheit unserer Umwelt. Indem wir sie schützen, bewahren wir die Artenvielfalt und den natürlichen Reichtum unserer Gemeinde. Gemeinsam können wir dazu beitragen, diese empfindlichen Arten zu erhalten, die eine Schlüsselrolle in unseren Ökosystemen spielen.

Um Wanderungen zu melden oder weitere Informationen zu erhalten, wenden Sie sich bitte an die ANF oder besuchen Sie die folgende Webseite:



Contact :

☐ nature@anf.etat.lu

☒ www.sos-salamandre.lu



Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

Fotoen: Damaris

NATUR&ËMWELT SEKTION MËLLERDALL

Lokal a regional: D'Sektioun Mëllerdall gëtt et säit 20 Joer



D'Generalversammlung vun **natur&ëmwelt Sektoun Mëllerdall** war de 17. Mäerz am Veräinsbau um Scheedgen.

Et ass eng Sektoun, déi mat der Gemeng Konsdref awer och mam Grand Public zesummeschafft: z.B. bei der grousser Botz oder dem Dag vum Bam. E Sandarium fir wëll Beien an Insekten ass ugeluecht ginn. Dann ass geplangt, d'Fiichtgebitter erëm hierzestellen an op ëffentleche Gebaier Naschtplaze fir Eilen a Flantermais ze installéieren.

2024 war e Joer mat villen Aktivitéiten: D'Zil ass d'Abannung vun de Leit an Ustéiss, wéi d'Biodiversitéit besser erhale ka ginn.

De Vullemonitoring 2024 war déi intensiivst Aktivitéit vu Januar bis Dezember. Dat ganzt Joer si Sang- a Waasservigel um Iechternacher Séi gezielt ginn.



Lokal, regional, mee och international: Den 13. a 14. Januar 2024 war déi grouss Waasservullenzielung op der Sauer an Zesummenaarbecht mat Wetlands International. Lëtzebuerg mécht säit 2009 mat. 150 Länner sinn do bedeelegt. Leider ass d'lescht Joer dat schlechtest Resultat gezielt ginn: De Stackintebestand ass 60 % erofgaang. Den Däichelchen ass em 80 % zréckgaang, zum Deel well ze vill Ufergebüsch ewechgemaach gëtt.

D'Waasserhéngchen ass och manner ze gesinn: D'Héichwaasser mécht d'Bréie méi schwéier.

D'Sektioun Mëllerdall ass am Leadergrupp an am Natur- a Klimapakt vun der Gemeng Konsdref vertruueden mat der Missioun, d'Leit opzeklären an ze beroden, wéi d'Déieren an hir Habitater am beschte geschützt kënne ginn. Sou gëtt z.B. säit Laangem de Mouke mat engem Zonk laanscht d'Stroosse gehollef, fir sech sécher ze deplacéieren.

Mat Aktiounen wéi Vullestëmmen-Erkennen oder enger Kraiderwanderung, mat Äppelrafe fir Viz ze man, mat engem Stand um Duerffest oder um Chrëschtmaart an der Gemeng Konsdref, gëtt de Public ëmmer erëm abezunn.

An deem Sënn gëtt et och d'Brochure „En Dag an der Natur“ (2025), wou 240 Aktivitéiten vun Abrëll bis August de Leit d'Méiglechkeet ginn, di lokal a regional Planzen- an Déierewelt op di verschiddenst Manéiere kennenzeléieren an ze appreciéieren.

Text: Isabelle Oberlé,
Fotoen: natur & ëmwelt, Sektoun Mëllerdall



Liewensmëttel- verschwendung



1/3

vun de Liewensmëttel, déi
weltwäit produzéiert ginn,
ginn all Joer verschwend.



Zu Lëtzebuerg sinn et ongeféier
120 kg lesswueren déi pro Joer a
pro Persoun ewechgehäit ginn.

Wann Liewensmëttel-
verschwendung e Land wier,
wier et den drëtgréissten
Emetteur vun Zäregasen,
hannert China an den USA.





Eis Bauerebetriber



Tëscht 2005 an 2016 ass d'Zuel vun de Bauerebetriber an Europa ëm +/- ee Véirel erofgaang.

Tëscht 2000 an 2019 ass d'Zuel vun de Bauerebetriber zu Lëtzebuerg ëm +/- een Drëttel erofgaang.



Esou wéi d'Gréisst vun de Betriber eropgeet, sou ass den Undeel vun der Bauerebevëlkerung am fräie Fall.



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBËLLEG

klengschrett.lu



Missioun: Urban Farming



Lëtzebuerg ass dat éischt Land, dat eng konkret national Strategie fir eng **urban Landwirtschaft** adoptéiert huet.



Alternativ zum aktuellen Agrarsystem

Aus de Stied Liewens-
mëtteliwwerante maachen



d'Kreeslafwirtschaft fërderen

Zil: Produktioun vun **20%** vun den nationale Liewens-
mëttelbedierfnesser bis **2030**.



Neues EU-Energielabel: Ab Juli 2025 auch für Wäschetrockner

Ab Juli 2025 werden Wäschetrockner ausschließlich mit dem neuen EU-Energielabel gekennzeichnet. Die Plus-Klassen gehören dann der Vergangenheit an. So wird der Stromverbrauch für Verbraucher:innen künftig leichter einzuordnen sein! Hier finden Sie die wichtigsten Änderungen.


Bereits 2021 hatte die Europäische Union die Energieeffizienzkennzeichnung für viele Haushaltsgeräte umgestellt – zurück zu den eindeutigeren Klassen von **A** (sehr effizient) bis **G** (wenig effizient). Einige Produktgruppen, darunter auch Wäschetrockner, blieben jedoch vorerst beim alten System mit den Plusklassen **A+**, **A++** und **A+++**. Das sorgte immer wieder für Verwirrung – gerade bei Geräten mit hohem Energieverbrauch wie den Wäschetrockner. Damit ist nun Schluss.

Seit März 2025 müssen Hersteller neuen Wäschetrocknern zwei Energielabels beilegen: das bisher gültige mit den Plusklassen (**A+++** bis **D**) sowie das neue Label mit den Klassen von **A** bis **G**. Diese Übergangsphase dauert bis zum 30. Juni 2025 – ab dem 1. Juli muss ausschließlich das neue Label verwendet werden.

Restbestände, die vor dem 1. März 2025 produziert wurden, dürfen weiterhin verkauft werden, sofern sie nachträglich mit dem neuen Label versehen sind. Kann dem Händler jedoch kein neues Label zur Verfügung gestellt werden – wenn z.B. der Lieferant seine Tätigkeit eingestellt hat –, dürfen diese Geräte nur noch bis zum 31. März 2026 mit dem alten Label in den Verkauf gelangen.



Altes Label



Neues Label

Foto: Damaris



WAT ASS LASS AN DER GEMENG? //
QUE FAIRE DANS LA COMMUNE ?

AGENDA

Sonndes, den 22. Juni ass den Te Deum zu Waldbëlleg an der Kierch. Duerno sinn d'Usprooch an d'Eierungen an der Sportshal. Uschléissend invitéiert d'Gemeng an der Cafeteria op e Patt.

Donneschdes, den 3. Juli, 10:55 bis 11:25 Auer:

De Bicherbus steet beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech.

Sonndes, de 6. Juli spillt d'Waldbëlleger Musek um 12:30 Auer op der Bleech an der Fiels.

Freides, den 11. Juli huet d'Waldbëlleger Musek um 20:30 Auer en Duerfconcert zu Blaaschent.

Samschdes, den 12. Juli ass den Ofschlossconcert vun der Waldbëlleger Musek zu Chrëschtnech.

Sonndes, den 13. Juli ass Sonndes-Apéro beim Club des Jeunes zu Chrëschtnech am Clubsall, 7, Fielserstrooss. Vun 11 Auer u gëtt et e gemittleche Patt. Dat ass och esou **sonndes, den 28. September, a sonndes, de 16. November**.

~~**Sonndes, den 13. Juli** Chrëschtfeier vun Jonk & Al an der Cafeteria vun der Sportshal.~~

Donneschdes, de 24. Juli, 10:55 bis 11:25 Auer:

De Bicherbus steet beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech.

Samschdes, de 25. Oktober huet den FC Olympia Christnach säin traditionelle Wëldowend zu Waldbëlleg an der Sportshal.

Sonndes, de 26. Oktober zu Waldbëlleg an der Kierch: Uergelrecital mam Lawrence Bacon (Birmingham, GB) mat Uergelstécker vu Meeschter aus der englescher Renaissance.

Freides, den 21. November invitéiert den FC Olympia Christnach op säi Kéisowend zu Waldbëlleg an der Sportshal.

De Weekend vum 5. bis de 7. Dezember ass de Chrëschtmaart op der Heringer Millen.

Samschdes, den 13. Dezember ass d'Chrëschtfeier vu Jonk & Al zu Waldbëlleg an der Sportshal.

De Bicherbus steet den 3. a 24. Juli tëscht 10:55 an 11:25 Auer beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech. Weider Datumer stoungen um Datum vun eiser Remise vun der Artikelen nach net zur Verfügung. Ënner www.bicherbus.lu fannt Dir all weider Informatiounen. Do dernieft steet natierlech nach ëmmer d'Bichersäil an der Telefonskabinn nieft der Gemeng.

LABOMOBILE



De mobile Laboratoire vu Bionext kënnt **all Méindeg vu 7 bis 8:30 Auer** op Chrëschtnech. Et muss een e RV buchen, op www.labomobile.lu





WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

Nationalfeierdag

2025

De Schäffen-a Gemengerot vu Waldbëlleg invitéieren Iech un de Feierlechkeete vum Virowend vun Nationalfeierdag deelzehuelen, e Sonndeg, den 22. Juni 2025 zu Waldbëlleg.

Le collège échevinal et le conseil communal de Waldbillig vous invitent à participer aux festivités de la Fête Nationale qui se dérouleront le dimanche, 22 juin 2025 à Waldbillig.



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

Nationalfeierdag 2025

Programm

- 18:45 Reunioun um Parking bei der Maison Relais zu Waldbëlleg
- 19:00 Te Deum an der Kierch zu Waldbëlleg
- 20:00 Offiziellen Deel an der Sportshal zu Waldbëlleg mat Éierung vun de verdéngschtvollen Ekippen a Membere vun de Veräiner

D’Gemeng offrëiert déi éischt Stonn den Eierewäin mat enger Agape.

Bei dëse Feierlechkeete gi Fotoe fir an de FUUSS gemaach. Wann Dir net averstan sidd, dass Fotoe vun Iech verëffentlecht ginn, da sot wgl. op der Gemeng Bescheed.

RESTAURANTEN A CAFÉËN

Der **Brasserie Heringer Millen** hir Öffnungszäiten an hir nei Kaart fannt Dir op hirem Site

<https://www.heringermillen.lu>

Aktuell si si dëschdes zou.

E-Mail: moien@heringermillen.lu

Tel. 26 95 95 99.

Dem **Hotel Le Cigalon** seng Öffnungszäite si vu mëttwochs bis samschdes mëttes an owes, a sonndes just mëttes.

E-Mail: cigalon@pt.lu Internet: <http://www.lecigalon.lu>

Tel. 79 94 95.

De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. lesse just op Bestellung. Tel. 621 31 83 69.

Et gi Snacken, Pizzaen, a méi op Bestellung.



De Restaurant **Petite Suisse Country Club** um Chrëschtnecher Golf ass am Summer vun dëschdes bis sonndes op. Sonndes just mëttes an déi aner Deeg mëttes an owes.

All d'Informatiounen an d'Kaart fannt Dir hei:

<https://petitesuissecountryclub.lu/restaurant>

Tel. 87 83 83 333.

Adress: Petite Suisse Country Club, 46, am Lahr, L-7641 Chrëschtnech.



An der **La Bottega-Gudde Kascht** vum Ben Weber a senger Fra Alexandra Pancher fannt Dir vill Produiten aus der Region, esou wéi dem Ben Weber seng eege Kreatiounen. Dir kënnt och *sur place* eppes drénken a schneeken.

Méi Informatiounen fannt Dir op:

<https://www.guddekascht.lu>

AKAFEN AN DER GEMENG WALDBËLLEG

Et gëtt jo keng Epicerie a kee Supermarché an den Dierfer vun eiser klenger Gemeng. Nawell kann een hei Verschiddenes kafen:

Kleng Buttik Akerblumm um Haff am Aker bei Waldbëlleg: Eeër, Mëllech a Mëllechprodukter, Gromperen, Geméis, Uebst, Viz, Gebeess, Hunneg asw. Bezuele via payconiq. Op Facebook: Naturno asbl



La Bottega. Haler: Liewensméttel aus nohalteger Produktioun aus der Regioun an aus dem Land. Dëschdes bis freides 11 bis 18:30 Auer; samschdes 8 bis 16 Auer; sonndes 8 bis 12 Auer. www.guddekascht.lu

Touristcenter Mëllerdall: Alles, wat ee brauch fir spadséieren ze goen. An awer och regional Produkter. www.mullerthal-millen.lu

Haus Nummer 1 an der Michel-Rodange-Strooss zu Waldbëlleg: Ueleg a Wäin aus Italien. Méi Informatiounen fannt Dir op der Homepage: www.haus-nummer-1.lu

Freckeisener Distillerie: Den eenzegen nach aktive Brenner an der Gemeng verkeeft seng selwer gebrannten Drëppen, dorënner déi lokal Spezialitéit Hondsaarsch. Kontakt a méi Informatiounen: <http://2022.freckeisener-distillerie.lu/#/>



La-alma: Natur- a Mammemëllech-Schmuck esou wéi och aner Kreatiounen aus Naturprodukter, och Kakaozeremonien an aner Servicer bitt d'Lara Gerson un. All Informatiounen op: <https://la-alma.lu/>

Net nëmmen d'**Bäckerei Fischer** kënnt (freides) mat enger Camionette op Chrëschtnech (an de Frongelt), mee och d'Bäckerei vu Veianen, **Au Croissant d'Or**, an dat dëschdes ab 12 Auer.

Informatiounen an deem Kontext fënnt ee bei verschiddene Gruppen op Facebook:

- Produkter aus der Gemeng Waldbëlleg
- Waldbëlleg News, dat ass e private Grupp, wou ee muss froen, fir Member ze ginn
- Regional-Online.lu

Fotoen: Damaris

Foto: Damaris



DEFUUSS
als PDF online!





Foto: Damaris



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG